

halen, brauch en Avis vum Conseil d'État, sauf urgence, mä ech kann awer der Chamber versprechen, dass ech gäre bereet sinn, wann dat gewënscht gëtt, deen een oder deen anere Règlement grand-ducal méi genau ze kucken, fir dann hei mat der Chamber ze diskutéieren.

Den Här Zanussi huet en Amendement abruecht, Här President, deen ech nach net gesinn hunn, esou dass ech mech herno zu deem wëll äusseren. En huet awer eng Rei Froe gestallt.

Effektiv ass et esou, dass an dësem Gesetz och eng Dispositioun ass, déi d'Konditiounen vum Parking résidentiel ofännert, a fir ënner anerem och der Emsetzung vun deenen Dispositiounen, wéi se elo vun der Stad Lëtzebuerg envisagéiert sinn, och eng legal Basis ze ginn. Dat heescht zum Beispill eenzelne Kategorië vun Utilisateuren, ob dat elo Doktere sinn, ob dat Handwerksbetriber sinn, déi mussen an eng Stad schaffe kommen, déi Méiglechkeet ze ginn, an et gëtt jo och elo ëmmer méi Gemengen, déi de Parking résidentiel aféieren am Intérêt vun hire Bierger, a fir och deenen entgéintzekommen, déi dann an déi Gemenge misste schaffen kommen. Et ass also effektiv dat d'Basis fir esou eng Réglementatioun.

Mir hunn dann - an dat ass en net strikt juristeschen, mä et ass e juristesche Problem, jee nodeem, wat fir e Charakter een deenen Taxé gëtt - op Wonsch vun de Gemengen deenen Taxen de Charakter vun engem Impôt communal ginn, wat fir d'Gemengen eng Rei Virdeeler huet bei der Perceptioun vun där Taxe, well et da ganz sécher ass, dass d'Taxe fir d'Gemeng ass. Et ass hei also eng ganz gemengefrëndlech Dispositioun, an ech huelen och un, dass dat jo net kann op Widderstand stousse bei enger Fraktioun, déi esou vill Gemengepäpp an hire Reien zielt an déi mengt, d'Regierung géif net genuch maache fir d'Gemengen. Hei sinn op alle Fall Dispositiounen, déi ganz am Sënn vun de Gemenge sinn.

Déi drëtt Fro vum Här Zanussi, Här President, war dann déi vun der Fourrière. Effektiv besteet do e Problem, wat d'Fourriëren ugeet. Ech hunn an der leschter Woch dem Innenminister an och dem Justizminister geschriwwen, fir hinnen ze proposéieren, ob een net kënnt - wéi soll ech soen - eng national Fourrière op enger privater Basis envisagéieren. Ech kéint mer virstellen, dass d'SNCT, wann déi Departementer bereet wiere mat an déi Richtung ze goen, dass d'SNCT kënnt do eng Aufgabe iwwerhuelen, fir entweder an der Enceinte oder an der Géigend vun deene Centren, déi se elo schonn exploitéieren, fir do Fourriëren opzeriichten, fir dass d'Gemengen net méi mat deene Problemer ze dinn hunn an dass mer gläichzäitig d'Aarbecht vun der Police kéinten erliichteren.

Här President, dann ass eng véier Fro gestallt ginn: Wéi oft feelt esou e Certificat de contrôle? Mir stellen effektiv fest, leider hunn ech elo net déi genau Zuelen, mä den Här Zanussi hat mer eng Kéier eng Question parlementaire gestallt, do hu mer versicht op Basis vun deenen Angaben, déi mer iwwer Contraventionen an esou erakréien, do eng Opstellung ze ginn, och op Basis vun de Statistiken, déi mer féieren. Well et besteet jo eng Base de données, déi eis seet, ob e Gefier dem Contrôle technique presentéiert ginn ass oder net, woubäi mir net ëmmer wëssen, ob dat Gefier verkaaft ginn ass. Mir missten et eigentlech wëssen, mä ganz oft deelen d'Propriétaires dat net mat, mä d'Prozentsätz, déi deemools matgedeelt gi waren, déi dierften awer nach ëmmer sensiblement déiselwecht sinn.

Här President, dann zur Proposition vum Amendement, fir am Artikel 4 de Paragraph 4 ze sträichen. Do kann ech beim beschte Wëlle main Accord net ginn, well dat géif jo bedeuten, dass mer duerno an engem zimlech lofleere Raum, net emol an engem zimlech, mä an engem ganz lofleere Raum géifen operéieren. Dir verstitt, dann hätte mer d'Base légale fir eise Contrôle technique praktesch émasculéiert. Dofir deet et mer Leed, mä deen Amendement do muss ech d'Chamber invitéieren erëm zrëckzeweisen.

Merci.

M. le Président. - D'Diskusioun ass elo ofgeschloss. D'Lection vum Projet de loi an de Vote geschéien an der Sitzung vu muer, vum 12. Mee.

Mir kommen dann zum leschte Projet fir haut. Dat ass d'Diskusioun vum Projet de loi 5159 iwwert déi nohalteg Entwécklung. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen déi Häre Schank, Bodry, Graas, Mehlen a Gira. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Emile Calmes.

12. 5159 - Projet de loi relative à la coordination de la politique nationale de développement durable

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Emile Calmes (DP), rapporteur. - Här President, Dir Damen an Dir Hären, mat deem Gesetz hei geet et ëm d'Koordinatioun vun enger nationaler Nohaltegkeetspolitik, ee Gesetz, wat am Fréijoer vum leschte Joer déposéiert ginn ass, wou awer de Statsrot leider säin Avis eréischt am Fréijoer vun dësem Joer hei déposéiert huet, ofginn huet, an dobäi, mengen ech, eng Opposition formelle mat ofgeliiwwert hutt, wat da bedéngt huet, datt dat Gesetz hei huet missen op enger Partie Punkten ofgeännert ginn.

A sech berout dat Gesetz hei op enger Motioun, déi mer am Juli 2002 hei majoritär geholl haten am Kader vun enger Orientéierungsdebat iwwert déi nohalteg Entwécklung hei zu Lëtzebuerg, eng Debat, déi opgrond vun engem Rapport gefouert ginn ass, dee mer mat der Umweltkommission festgehalen haten an deen u sech selwer och erëm berout huet op dem éischten nationalen Nohaltegkeetsplang, dee vun der leschter Regierung ënnert dem Umweltminister Bodry kuerz virun dem Schluss vun där Legislaturperiod déposéiert gouf, an deen u sech och a grouse Linnen acceptéiert ginn ass, mat deenen Ofstrécher, déi mer dann ebe kennen.

An deem nationalen Nohaltegkeetsplang 1990 waren och schonn eng Partie Organer virgesinn; ënner anerem e Comité national pour le développement durable. Dat ass u sech dat Gremium, wat mer och mat deem Gesetz, oder ee vun den Organer, wat mer och mat deem Gesetz hei schafen. Bei eis an deem Gesetz hei heescht e Conseil supérieur pour le développement durable. An deem nationalen Nohaltegkeetsplang vun 1999 war och eng „task force“ ministériel virgesinn, dat entsprécht u sech där Commission interdépartementale du développement durable, déi mat dësem Gesetz hei an d'Liewe geruff gëtt.

An deem nationalen Nohaltegkeetsplang vun 1999 waren dann och nach zwee aner Instrumenter virgesinn. Eent vun deenen Instrumenter war den nationalen Nohaltegkeetsplang, vun deem deen éischte jo dann 1999 déposéiert ginn ass. Et war och virgesinn eng

Evaluatioun ze maache vun der nationaler Nohaltegkeetspolitik, dat opgrond vun Indicateuren - och dat fënnt een an deem Gesetz hei erëm - opgrond vun engem Rapport, deen all zwee Joer gemaach gëtt, wat d'Emsetzung vun der nationaler Nohaltegkeetspolitik ugeet, deen dann och opgrond vun dësen Indicateure gemaach gëtt.

Et ass keen Neiland, wat mer hei betrieden, dat alles ass also scho gesi ginn. D'Nohaltegkeet u sech oder d'Nohaltegkeetsiddi geet zrëck op 1987, wéi se am Brundtland-Rapport sengerzäit definéiert ginn ass an deem Sënn, datt eng nohalteg Entwécklung eng Entwécklung u sech ass, mat där déi Generatiounen vun haut hire Besoinen nokommen an engem Ausmooss oder esou, datt déi Generatiounen, déi no eis kommen, déi zukünfteg Generatiounen, och hire Besoinë kënnen nogoen an datt eis Generatiounen vun haut dat u sech net a Fro stellen.

Et ass och déi Iddi, déi op der Konferenz vu Rio u sech maassgebend war, a wou dann en fin de compte an enger Deklaratioun vu Rio iwwer Umwelt an Entwécklung festgehalen ginn ass vun alle Länner, dass och all Länner sech engagéiert hunn esou eng Politik ze maachen. Virun allem soll an Zukunft an der nationaler Politik d'Umwelt méi respektéiert ginn, an an deene Länner ee méi groussen Engagement soll stattfanne beim Asaz géint d'Aarmut

Ech wëll elo weider net op d'Nohaltegkeet selwer agoen. An deenen zéng Minutte wier dat jo och onméiglech. Ech verweisen dofir op mäi Rapport vu virun zwee Joer. Ech verweisen och op déi Debat, déi mer sengerzäit do hatten. Ech wëll lech awer kuerz skizzeieren, ëm wat et an deem Gesetz hei geet.

Et ass och net méi an net manner, wéi datt mat deem Gesetz hei ee Kader soll geschafe gi fir eis national Nohaltegkeetspolitik, ee Kader, deen u sech zwee Organer virgesäit an och zwee Instrumenter, mat deene mer hei schaffen. Wéi gesot, als Organer: de Conseil supérieur pour le développement durable an eng Commission interdépartementale du développement durable, an zwee Instrumenter: de Plan national pour un développement durable an dann och de Rapport national sur la mise en oeuvre du développement durable, deen opgrond vun Indicateure festgehalen gëtt.

Mir hunn ee Conseil supérieur pour le développement durable. Wat fir Missiounen huet deen? Ma, virun allem gëtt an deem Gremium mol iwwer Nohaltegkeet diskutéiert. Dat Gremium kann dann och Recherchen an Etüde proposéieren, déi mat Nohaltegkeet ze dinn hunn. Et ka selbstverständlech och mat anere Gremien Austausch halen. Et soll och versichen - an dat ass, mengen ech, an enger éischter Phas eng vu sengen Haaptmissiounen - eng breetméiglechst Participatioun vun der Gesellschaft mat erunzeéien, sief dat vum eenzelne Bierger, sief dat awer och vun all öffentlecher a privater Organisatioun. Et ass, mengen ech, ee vun deene wichtegste Punkten en vue vun enger Sensibiliséierung vun eise Matbierger, wou, mengen ech, ganz vill Leit nach net wëssen, wourëm et bei der Nohaltegkeet geet.

Da selbstverständlech soll et Avisen ausschaffen iwwert déi national Nohaltegkeetspolitik. Dat heescht dee Conseil supérieur pour le développement durable ka souwuel der Regierung Propositionen maachen en vue vun enger nationaler Nohaltegkeetspolitik, e kann awer och Avisen ofliwwere wann d'Regierung dat freet, a wann d'Regie-

rung dat freet, da muss en dat och innerhalb vun dräi Méint maachen. Dëse Conseil kann dann och selbstverständlech jiddferee konsultéieren, deen e wëllt, ob et Verwaltungen sinn oder ob et offiziell Organer sinn. Mä dat beschränkt sech u sech och net op déi zwee. Dëse Conseil supérieur muss dann och all Joer e Rapport ofginn, souwuel der Regierung wéi och der Chamber, fir ze wësse wat en an deem Joer dann och geschafft huet.

Den Artikel 5 gesäit da vir, datt d'Zesummesetzung, d'Organisation an och de Fonctionnement vun dësem Conseil supérieur iwwer e Règlement grand-ducal fixéiert ginn. Et muss ee soen, an dat gëtt eis da virgeworf, dat ass jo schonn de Mëtteg hei gemaach ginn, datt kee weess wéi dat Gremium do zesummegefaasst ass. Et muss een allerdéngs soen, datt de Conseil d'État hei d'Proposition gemaach huet, datt een de Wee soll aschloen, dee mer och fir aner Gremien aschloen, an deem Sënn, datt een de Fonctionnement, d'Zesummesetzung an d'Organisation opgrond vun engem Règlement grand-ducal mécht.

Et muss een dann awer éierlechkeetshalber soen, datt am urspréngleche Gesetz virgesi war wien do soll dra sinn. Ënner anerem soll dee Conseil supérieur présidéiert gi vum Statsminister, deen assistéiert gëtt vun engem Verrieder vum Ministère vum Aménagement du Territoire a vun deem vum Environnement. Dat huet domat ze dinn, datt, mengen ech, de Statsminister sengerzäit beim Débat iwwert d'Lag vun der Natioun jo annoncéiert hat, datt de Conseil supérieur vum Aménagement du Territoire an deem hei soll opgoen. Et sinn och dräi Gemengeverrieder virgesinn. Et sinn dräi Verrieder aus den ONGen aus dem Umweltberäich virgesinn, awer och aus der Kooperatioun. Et si sechs Verrieder aus de Chambres professionnelles virgesinn, dräi Gewerkschaftsverrieder, dräi Patronatsverrieder, zwee Wëssenschaftler, ee vum Konsumenteschutz, ee vun der Ethikkommission an ee vun all Ministère.

Déi Leit ginn op véier Joer genannt, an et besteet och e Sekretariat wat dësem Conseil supérieur zur Hand geet. Dat Sekretariat ka sech dann och Leit uleeën, déi spezialiséiert sinn, dat kann awer och statutarescht Personal ënner anerem sinn. An et ass och virgesinn, datt dee Conseil supérieur hei matschwätzt wien u sech agestallt gëtt. Et ass och am Artikel virgesinn, datt eng Dotatioun am Budget virgesinn ass, fir dann dësem Conseil supérieur déi néideg Moyenen zur Verfügung ze stellen.

Dat zweet Organ, wéi gesot, ass de Conseil interdépartemental vum Développement durable. Och hei ginn d'Organisation, de Fonctionnement an d'Zesummesetzung iwwer Règlement grand-ducal festgeluecht. Déi Leit hei ginn och fir véier Joer genannt. Am Prinzip ass aus all Ministère een dora virgesinn. D'Missioun sinn déi fir den Avant-projet vun engem Plan national de développement durable auszuschaffen a wéi gesot d'Mise en oeuvre vum Plang selwer hëllefen ze favoriséieren an och ze promouvoir, selbstverständlech och de Suivi dovun ze maachen an dann och all zwee Joer ze rapportéieren iwwert dat wat u sech ëmgësat ginn ass.

Et kann natierlech och dëse Comité de Régierungsrot saiséiere mat Projeten, Aktiounen an anere Mesurë fir d'Mise en oeuvre vun där Politik hei ëmzesetzen. E muss dann och bis den 31. Mäerz vum folgende Joer een Aktivitéitsbericht der Chamber hei virleeën. Voilà, dat fir déi zwee Organer.

Op där anerer Säit da wéi gesot d'Instrumenter, an dat ass den nationalen Nohaltegkeetsplang, deen all véier Joer opgestallt gëtt, dat natierlech opgrond vun deem Rapport, dee vun deem Comité do gemaach gëtt. An deem nationalen Nohaltegkeetsplang sollen dann déi prioritär Aktiounen festgehalen ginn, déi d'Nohaltegkeet solle guidéieren. Et soll een awer och doranner d'Schlüsselsecteure fanne mat deenen Objektiver, déi mer eis wëlle ginn, esou wéi dat schonn an deem Plang, deen do ass, dran ass. Selbstverständlech sollen och d'Moyenen an d'Mesuren drageschriwwen si fir dës Objektiver ze verfollegen. Et muss een dann och draschreiwen wat d'Konsequenze sinn, souwuel déi wirtschaftlech, déi finanziell, déi sozial wéi awer och déi ökologesch.

Deen Avant-projet geet dann, wann e vun deem Comité do ausgeschafft ass, un d'Regierung. D'Regierung approuvéiert dëse provisoresche Plang dann a gëtt en hirersäits virun un d'Chamber an an de Conseil supérieur, déi dann en Avis dozou ausschaffen. Déi hu véier Méint Zäit fir dat ze maachen. Wann dëse Plang dann zrëck ass, huet de Comité zwee Méint fir en definitiv fest ze gestalten. Duerno wäert d'Regierung en dann approuvéiere mat der Motivation, firwat dat se déi eng oder déi aner Remarken aus der Chamber oder aus dem Conseil supérieur net respektéiert huet.

Dëse Plang gëtt dann am Mémorial publizéiert a kann iwwer e Règlement ganz oder zum Deel obligatoresch gestalten. Wéi gesot iwwert dësen nationalen Nohaltegkeetsplang gëtt dann all zwee Joer rapportéiert, wou dann evaluéiert gëtt, eng Analys gemaach gëtt, wou eng Beschreibung gemaach gëtt, eng Evaluatioun vun der Situatioun gemaach gëtt, wéi datt d'Nohaltegkeet sech hei développéiert huet, dëst opgrond vun Indicateuren, wéi d'Regierung se jo schonn am Kader vun deenen Diskussiounen, déi mer haten, virgestallt huet. Indicateuren, déi dann och opgrond vun engem Règlement festgehalen ginn, wellech dat sinn a wéi datt se solle fonctionnéieren, ganz einfach well och de Statsrot dat an deem Sënn esou wollt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat sinn déi wesentlech Elementer vun dësem Gesetz hei. Ech mengen, datt mer awer mat dësem Gesetz et trotzdeem oder op d'mannst och wäerte fäerdeg bréngen, datt den Débat an d'Diskussioun ëm d'nohalteg Entwécklung net wäerten zu Enn goen, mä mat dësem Gesetz hei wäerte mer se institutionaliséieren an deem Sënn, datt se, mengen ech, awer fir d'Zukunft eng Debat garantéiert, datt déi Nohaltegkeetsdebat wäert permanent sinn, datt se och wäert breet gefouert ginn dobaussen a selbstverständlech och hei an der Chamber. Ech ka mech erënneren, datt mer relativ laang iwwert deen Zukunftsdësch hei diskutéiert hunn, dëst op Grund, mengen ech, vun där Immigrationsdebat, déi mer haten.

Perséinlech sinn ech der Iwwerzeugung, datt d'Nohaltegkeet de Stoff wäert liwwere fir d'politesch Debatte vun der Zukunft, an ech géif mengen, datt och an Zukunft d'Politik net wäert derlaanscht kommen, hir Politik nohalteg ze gestalten, am anere Fall mer, mengen ech, eis eegen Zukunft géifen a Fro stellen. Et muss ee sech och bewusst sinn, datt d'Nohaltegkeet, a wann een d'Leit dobausse freet wat d'Nohaltegkeet ass, e Begrëff ass, deen am politesche Liewen dach awer relativ nei ass. Ech mengen och, datt mer nach eng Partie Iwwerzeugungskraaft brauche fir net nëmmen eis hei selwer ze iwwerzeegen. Ech mengen, datt et der eng Partie an der Umweltkommission scho sinn, déi dovun iwwerzeegt sinn an och doriwwer eraus, mä ech mengen

leider, datt et se net alleguerte sinn, an datt eis Matbierger och net alleguer dovun iwwerzeegt sinn an och net d'Nécessitéit vun enger nohalteger Politik bis elo wäerten erkannt hunn.

Un eis läit et an Zukunft den Débat ze féieren a waarm ze halen an deem Sënn, datt mer dann och an der Ëmsetzung besser virukommen. A wann d'Gesetz nëmmen dofir gutt ass, da géif ech lech invitéieren, et an deem Sënn hei ze stëmmen.

Ech soen lech merci fir d'Nolautschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Marco Schank agedroen. Den Här Schank huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Marco Schank (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt fir d'éischt dem Kollege Emile Calmes merci soe fir säin excellenten nohaltege Rapport. Et gétt wahrscheinlech kee Begrëff, deen an de leschte Joren esou dacks iwwerstrapazéiert gouf, zitéiert gouf, instrumentaliséiert gouf an och emol méissbraucht gouf.

(Interruption)

Oh, do hutt Der Onrecht, Här Bodry. De 4. Juli 2002, erënnert Der lech drun, hate mer op dëser Plaz ee ganz groussen Débat iwwert de Sujet vun der Nohaltegkeet, an ech wollt soen, datt dës Projet de loi dann och eng vun de Konklusiounen vun deem Débat ass, dee mer deemools gefouert hunn.

Ech wollt ganz kuerz an dräi grouss Ziler erënnere vun der Nohaltegkeetsstrategie. Fir d'éischt emol heescht dat eng équilibréiert Balance hunn tëscht den Bedierfnisser vun där heiteger Generatioun an de Liewensperspektive vun enger zukünftger Generatioun. Zweetens, alles dat, wat een ënnert dem Begrëff vun enger gudder Liewensqualitéit ka begräifen: eng intakt Ëmwelt, eng breet kulturell Offer, Aarbechtsplazen, eng gutt Schoul an esou weider. An dann drëtzens gehéiert och zu esou enger Strategie sozial a gesellschaftlech Solidaritéit, dat heescht d'Bekämpfung vun der Aarmut an eben och d'Solidaritéit mat den Entwécklungslänner.

Dës Ziler, dës Objektivier mussen an alle Politiques sectorielles hiren Nidderschlag fannen. An der Transportpolitik, an der Landesplanungspolitik, awer och an der Kooperatioun, wéi ech gesot hunn, muss nohalteg Entwécklung am Fong ee Leitkonzept si fir déi zukünftge Entwécklung. Mir brauchen also net fir d'lescht an der Politik och Politikerinnen a Politiker bei de Ministären, an de Verwaltungen, wou e Mentalitéitswandel dohi geet, dat zukünftge an deene verschiddene Politikfelder zesummenhängend vernetzt ebe geduecht gëtt a Sujeten och esou traitéiert ginn. Ech sinn der Meenung, datt dëst Gesetz, wat mer haut diskutéieren, wat mer mar wäerte stëmmen, e weidere wichtige Mosaiksteen ass an deem Prozess vun der nohalteger Entwécklung.

De Räichtum vun eisem Land, oder vun engem Land tout court, léisst sech definitiv net méi op déi wirtschaftlech Performancen an och net op d'Consommation reduzéieren. Et geet hei ëm vill méi. Et geet ëm Froestellungen, Investitiounen, déi laangfristeg mussen ausgeriicht ginn, zum Beispill Educatioun, zum Beispill Fuer-schegung, awer och eise Gesond-heitssystem a virun allem d'Erhale vun den Ökosystemer.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat mer brauchen, dat ass am Fong eng global Strategie fir d'Entwécklung vun eisem Land ze steieren. Eng Strategie, déi als roude Fue-dem eben eng nohalteg

Politik huet an deenen eenzelne Beraicher, déi mer no an no an de Joren, déi kommen, wëllen ëmsetzen. An duerfir brauch d'nohalteg Entwécklung - ech hunn dat och deemools gesot, ech resüméieren dat ganz kuerz - an deem Débat ee Fahrplang, well mer eis musse gewëssen Deadlines ginn, déi eis et erlaben d'Politik, déi mer ageschloen hunn, och à moyen terme ze bewäerten. Dat setzt natierlech am Ufank viraus, datt mer mat Hëllef vun de Strukturen, respektiv de Gremien, déi an deem neie Gesetz verankert ginn, den Ist-Zoustand kucken an analyséieren.

Zweetens sinn och d'Indicateure wichteg, e wesentlecht Element vun där Strategie. Si sinn am Fong en elementare Bestanddeel fir d'Ëmsetzung an d'Weiderentwécklung vun esou enger Nohaltegkeetsstrategie. D'Indicateure mussen och als Orientéierungs-wärter eben d'Richtung uweisen, wou een an den nächste Jorzéngen hi wëllt.

Drëtzens, mir brauchen effikass a vernetzte Strukturen an Instrumenter. Am Débat vum 4. Juli 2002 ass eben och Rieds gaangen, de Rapporteur huet et gesot, vun enger „task force“, vun enger Commission interdépartementale, déi sech zesummesetzt aus Vertrieder vu verschiddene Ministären, déi Aktionspläng ausschaffen, andeems se eng horizontal an, wéi scho gesot, eng plurisektoriell Approche am A behalen.

A senger Deklaratioun zur Lag vun der Natioun, de 7. Mee datselwecht Joer, 2002, huet de Premier d'Kreatioun vun engem Conseil supérieur du développement durable proposéiert a meng Fraktioun huet och deemools gesot, datt dat sënnvoll wier. Ëmsou méi, dat ass awer wichteg, datt een d'Viraussetzung schafft fir dës Institutioun mat deenen néidege Missiounen an och Ziler, a selbstverständlech och mat deem néidege Personal a Suen ze équiperieren. Dës ganz Strategie an dës vernetzten Approche passt dann och an den IVL. Den IVL, wou d'Vernetzung vu Wunnen, Schaffen, Mobilitéit, Wuesstem, Natur a Landschaft zu Lëtzebuerg fir déi nächst Joren a Jorzéngte gekuckt gëtt.

Här President, op dëser Plaz wollt ech dann och nach kuerz eppes zum Rôle, well et wichteg ass, vun de Gemenge soen, an och iwwert d'Potenzialer, déi um lokale Plang leien. Dir erënnert lech drun, datt an der Aktioun 21 vun de Vereenten Natiounen d'Roll vun de lokalen, vun de kommunale Communautéite ganz staark ervirgestrach gëtt.

(Interruption)

Mir müssen un d'Weiderentwécklung denken, Här Gira.

Effektiv sinn d'Gemengen an och d'Gemengesyndikater no bei de Biergerinnen a Bierger an hunn domat eng wichteg Virreiderfunktion a kënne pionéierhaft wirken. Als Beispill: d'Klimabündnis-Gemengen, wat munches seet iwwert d'Méiglechkeeten, dem Bierger och d'Versteesdemech vun enger Nohaltegkeetsstrategie méi no ze bréngen.

An duerfir solle mer och driwwer nodenken, fir d'Beméiunge vun de Gemengen op déi eng oder op déi aner Manéier ze ënnerstëtzen. An do wëllt ech eng Kéier och op den Débat „Kompetenz Stat-Gemengen“ hiweisen, op déi Konklusiounen, op déi ech awer elo net aginn, mä et mierkt ee wéi all déi Saachen enk zesummenhänken.

Ech hunn och schonn an der Vergaangenheet méi dacks op dëser Plaz gesot, datt d'nohalteg Entwécklung nëmmen dann eng Chance wäert kréie fir ëmgesat ze ginn, wann een déi noutwendeg Strukturen huet, an déi sinn et ebe bis haut net ginn. Och de Mouvement écologique begréisst a sengem Avis d'Tatsaach, datt am Kontext „Strukturen“ elo ee Projet

de loi virläit, och wann de Mouvement inhaltlech net mat allem d'accord ass. Mä et ass ënner anerem...

(Interruptions)

Liest den Avis. En ass méi positiv, wéi de Mouvement elo argumentéiert.

Et ass ënner anerem wichteg, datt mer elo e Gesetz kréien, wou de Begrëff vun der Nohaltegkeet gesetzlech verankert gëtt. Och wann een natierlech kann doriwwer streiden, ob de Begrëff engem wäit genuch geet, respektiv och iwwert d'Inhalter kann een diskutéieren. Wéi gesot, ganz dacks gëtt viles an näischt an deemem Begrëff vun der Nohaltegkeet verpaakt, e Begrëff, deen dehnbar ass an dee selbstverständlech och emol iwwerdehnt gëtt. A geene duerfir ass et wichteg, datt de Begrëff e feste Fong kritt, en inhaltliche Fong, zum Beispill d'Indicateuren, awer och e strukturelle Fong, mat deene verschiddene Gremien an Instrumenter.

De Gesetzesprojet 5159 schwätzt vun dräi Pilieren, déi d'Objektiver fir d'Ëmsetzung vun der nohalteger Entwécklung droen: d'ekonomesch Entwécklung, d'sozial Entwécklung an den Ëmweltschutz. Et ass sécher sënnvoll e Conseil ze schafen, dee sech mat den Aspekter vun der nohalteger Entwécklung befaasst, an ech mengen, datt mer eis do allegueren eens sinn, och mat engem Mouvement.

Et ass kloer, datt mer net nëmmen déi noutwenneg Gremien am Kontext Nohaltegkeet musse schafen, mä datt och d'Konzept an der Praxis muss berücksichtegt ginn. Wat elo dee Conseil supérieur pour le développement durable ubelaangt, huet en ënner anerem eng Partie Initiativrechtler fir zum Beispill Recherchen, Etüden ze proposéieren oder och eng méiglechst breet Participatioun vu verschiddenen Organismen, öffentlicher a privater an eben och der Zivilgesellschaft. A wat elo d'Zesummesetzung vun deemem Gremium ugeet, besteet d'Méiglechkeet, datt nieft de responsable Regierungsmemberen eben och Vertriederinnen a Vertrieder vun ONGen, de Rapporteur huet et gesot, vu Gemengen, dann awer och vu Berufschamberen, vu Gewerkschafte mat abezu ginn.

Da wat d'Kreatioun vun enger Commission interdépartementale ubelaangt, fënn et och dat jidderee gutt, och d'ONGen. Fir mech ass dat Gremium do ganz wichteg, well nëmmen esou kann d'Konzept vun der nohalteger Entwécklung progressiv och Ägank an déi sektoriell Politik fannen. Hei deelen ech éischer net d'Angscht vum Mouvement écologique, dës Kommissioun géif d'Kärfunktiounen vum Ëmweltministère beschneiden, well wesentlech Aspekter vu senger Politik géifen an dës Kommissioun verlagert ginn.

Da wëll ech selbstverständlech och nach eppes zum Plan national pour un développement durable soen. D'Etabléiere vun esou engem Plang ass wuel déi zentralst Fro vun dem Projet de loi a vum Prinzip hier ass och do jiddereen sech eens. D'Meenunge ginn awer ausereneen, wat zum Beispill d'Verbindlechkeet vun deem Plang ubelaangt. Hei sinn ech perséinlech och der Meenung, datt nom Verabschiede vun deemem Projet de loi eng nächst Regierung muss an deem Zesummenhang dältlech Faarf beken-nen, fir datt de Plang an Zukunft déi Valeur kritt, déi e brauch. Ech fäerten, datt soss weineg Ëmsetzung géif geschéien.

Zum Plang bleift nach ze soen, an ech widderhuele mech, datt et definitiv richteg a wichteg ass, datt

d'Indicateure sozial, ekonomesch an ekologesch expressis verbis hei Ägank fannen. De Rapport national fir d'Mise en oeuvre du développement durable huet och eng wesentlech Funktioun. Mä och hei ass et wichteg, datt festgehale gëtt, wie wéi eng Responsabilitéit fir wéi eng Moossnamen huet, well soss och den Nohaltegkeetsplang nëmmen Absichtserklärung bleift.

Ech deelen awer iwwerhaapt net d'Meenung vum Statsrot, dee mengt, d'Regierung hätt datselwecht Resultat iwwer aner Weeër a Moyenen erreeche kënnen, am-plaz eben an deem Fall hei ee speziell Gesetz ze maachen. D'nohalteg Entwécklung kritt nëmmen dann eng Chance, wann een déi noutwendeg Strukturen huet a wa se per Gesetz festgeschriwwen ginn.

Här President, mir stëmmen net haut mä muer e ganz, a mengen Aen, wichtegt Gesetz. Dëst Gesetz ass ee wesentleche Schrack fir d'Strategie vun der nohalteger Entwécklung lues mä sécher mat Liewen ze erfüllen.

Zum Schluss wollt ech dann awer och den Accord vu menger Fraktioun zu deemem Projet bréngen.

Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn d'Eier hei den Désaccord vu menger Fraktioun eranzebréngen, wat deen heite Gesetzesprojet ugeet. Ech menge bei all Gesetz, wat een hei an der Chamber stëmmt, soll ee sech eng Fro stellen: Brauche mer e Gesetz an enger gewësser Matière? Brauche mer e Gesetz fir Prozedure festzeleeën iwwert d'Ausschaffung vum Plan national du développement durable? Brauche mer e Gesetz fir Organismes consultatifs festzeschreien?

Mir mengen, dass dat Gesetz hei zum groussen Deel iwwerflësseg ass an dass een datselwecht Resultat vill méi schnell hätt kënnen erreechen, wann d'Regierung opgrond vum Plan national du développement durable, deen am Text zënter 1999 virläit, einfach Décisiounen geholl hätt an déi eenzel Gremien agesat hätt a sech selwer Prozedure ginn hätt, wéi een dee Rapport an deem nächste Plang géif ausschaffen. Da wäeren net fënnef Joer verstrach, ouni dass mer elo um Enn vun dëser Legislaturperiod iergendee vun deene Gremië stoen hunn. Weder de Conseil supérieur nach de Comité interministériel, kee vun deene Gremië steet.

Mir waren eis eens zënter 1999, et ass bestätegt ginn 2002 am Juli wou de Plang definitiv hei festgehale ginn ass, dass mer déi Gremien do bräichten. Abee, mir hunn déi Gremien nach ëmmer net stoen a mir wäerten se och an e puer Wochen net stoen hunn. Dat heescht, dës Regierung setzt se mat Sécherheet net méi an, well déi Gremien iwwer Règlement grand-ducal festgeluecht ginn an d'Chamber huet weder d'Missiounen nach d'Propositionen virleien.

D'Regierung huet dat gemaach wat se oft mécht wa se enger Schwieregkeet begéint. Da versicht se net dee Problem ze léisen, mä si versicht en opzeschubsen an ze ëmgoen. Dat ass hei de Fall gewiescht. De Conseil d'État huet am Detail d'Kompositioun, d'Missionen vun deenen zwee Gremië kritiséiert, déi hei geschafte ginn, an anstatt op déi Froen, déi de Conseil d'État opgeworf huet, eng Äntwert ze ginn, seet d'Regierung: Déi dote Problemer léise mer net méi hei am Text vum Gesetz, mä mir maachen dat iw-

wer Règlement grand-ducal. Dat ass d'Approche, déi d'Regierung hei hat fir laanscht de Problem ze kommen.

Dat heescht, mir wëssen haut net wéi d'Kompositioun an déi genau Missioun vun deenen eenzelne Gremien sinn, vum Conseil supérieur an och vum Comité interministériel. Well effektiv ass d'Fro, wéi sech déi dote Gremië kënne bewegen am Zesummenhang mat aneren Organismen, déi ähnlech Kompetenzen hu wéi de Conseil supérieur vum Aménagement du Territoire zum Beispill, wou jo och eng grouss Konfusioun op der Regierungssäit war.

Am Mee 2002 geet de Premier heihin an am Numm vun der ganzer Regierung deklaréiert en: Mir wëllen elo e Conseil supérieur vum Développement durable schafen. Do fusionéiere mer de bestehende Conseil supérieur vun der Landesplanung mat dran, an doduerjer ass et och net nëmmen den Ëmweltminister, dee mat eng führend Roll huet an deem Ganzen, mä och de Landesplanungsminister.

Dee Projet do ass vun der Regierung entre-temps fale gelooss ginn. Mir wëssen net firwat. Mir wëssen och net firwat, dass iwwerhaapt jee d'Regierung de Projet hat fir dat anescht ze maachen. Wat awer iwwreg bliwwen ass, dat ass eng Vizepresident-schaft am urspréngleche Projet vum Landesplanungsminister. Wou ech mech froe wat dat hei soll, wann d'Regierung eng Option huet fir déi zwee Conseils supérieurs nieftenee fonctionnéieren ze loossen. Et ass also eng grouss Konfusioun an der Regierung an där doter Fro, an déi Fro si bis haut net gekläert ginn, weder an der Kommissiounssitzung nach bis elo hei an der Chamber.

(Interruption)

Et ass also an eisen Aen zu engem groussen Deel en Alibi-projet, deen hei vun der Regierung proposéiert gëtt, fir einfach ze vertuschen, dass de politesche Wëlle vun der ganzer Regierung während der Legislaturperiod gefeelt huet, fir an der nohalteger Entwécklung iwwert d'Editioun vu Broschüren eraus wierklech sech Moyenen ze ginn, fir eng Nohaltegkeetspolitik duerchzuführen.

An do hunn, muss ech soen, déi Gréng e gudden Virschlag gemaach. Déi Proposition de loi Garcia fanne mir als Partei ganz gutt, dofir hu mer och net eng Gélgepropos gemaach, well do mengen ech dat proposéiert ass wat mer brauchen. Dat Instrument besteet net aus iergendwelleche Conseils supérieurs, mä dat ass e wëssenschaftlecht Institut hei zu Lëtzebuerg wat déi ganz Zukunftsplanung - an do fällt d'Nohaltegkeet drënner, mengen ech, dat ass de Sammelbegrëff vun deem Ganzen - soll wëssenschaftlech begleeten an hëllef steieren an ëmmer erëm och mathëllef soll e Monitoring ze maachen, wéi wäit dass mer da stinn an der praktescher Ëmsetzung vun eiser Nohaltegkeetsstrategie respektiv deenen aneren Zukunftsplanungen, déi mer duerchféieren.

Anstatt dass dës Regierung dohinner geet an an all méiglechen Demanden, an all méigleche Ministären, an all méiglechen Domänen Observatoire schafft, bal fir dëst ze kucken, bal fir dat ze kucken, wär et noutwendeg, dass mer wierklech eng zentral Stell hätten, eng onofhängeg, wëssenschaftlech ausgerichte Stell hätten, wou géif wierklech déi Zukunftsplanung do matgehollef gi steieren. Dat brauche mer, an d'Regierung gëtt sech hei erëm eng Kéier net d'Moyene fir dat ze maachen.

Dës Projet ass also an eisen Aen eng weider verpasste Chance fir Neel mat Käpp ze maachen an iwwer Prozeduren an Délaien eraus, wou keng Sanktioun drasteet,

wann dann déi Délaien net respektéiert ginn, wou net an engem Punkt hei normativ agéiert gëtt. An dat bleift awer an eisen Aen den Objet vun all Projet de loi. Et geet drëm fir juristeschen Normen ze setzen. Et geet hei net drëm fir Programmer festzeleeën, fir Prozedure festzeleeën, et geet hei drëm fir Normen ze setzen.

D'Regierung weess jo hoergenau, dass de Fait vum Rapport national, d'Iddi vum Plan national, dass mer souwisoou international Verpflichtungen hu fir dat ze maachen. Dee Plan national, deen ausgeschafft ginn ass 1999, dee fousst op enger internationaler Verpflichtung, déi Lëtzebuerg huet. Déi Rapports nationaux, déi mussen fir déi international Konferenz gemaach ginn, déi fousse schonn op international verbindlechen Engagements, déi Lëtzebuerg geholl huet. Dat hei bréngt kee Plus par rapport zu deenen Engagements a politesche Verpflichtungen, déi Lëtzebuerg schonn huet. Dofir ass dat hei an eisen Aen, wann net méi Inhalt an deem heiten Text drastécht, eigentlech e Gesetzestext, deen onnëtz ass an deen eigentlech dat erëmgëtt wat déi Bilansdeklaratioun vum Premier ganz gutt erëmginn huet.

De Premier huet hei virun e puer Wochen an der Chamber de Bilan gezunn iwwert déi lescht Legislaturperiod. Hien huet geschwat iwwer Wirtschaft. Hien huet geschwat iwwert d'Finanzen. Hien huet geschwat iwwer Soziales. Net ee Wuert iwwer Ökologie! Net ee Wuert iwwer Ëmweltschutz! Net ee Wuert iwwer Nohaltegkeet! An erënnert lech drun: Virun dräi Joer, wat huet en hei e Freedefeier lassgelooss! D'Nohaltegkeet war an all drëtze Saz vu senger Ried ze fannen. Duerno war et eriwuer, du war sâi Réservoir erschöpft, et ass näischt méi komm an dee ganze Begrëff ass an de Vergiess geroden an der Regierungspolitik. Dëse Projet kann deen dote Bilan och net erëm eng Kéier guttmaachen.

Ech wëll de Conseil d'État zitëieren, deen, mengen ech, awer eng richtig, eng objektiv Aschätzung gemaach huet vun deem heiten Text, an et ass net d'Opposition, déi d'Majoritéit vum Conseil d'État duerstellt, wéi e gesot huet, ech zitëieren: „Le Conseil d'État se met à douter sérieusement de l'opportunité et surtout de la nécessité du projet de loi sous avis qui lui apparaît ainsi un peu trop fastueux pour instituer deux commissions consultatives qui risquent par ailleurs de faire double emploi avec d'autres organes consultatifs dont notamment le Comité interministériel de l'aménagement du territoire et le Conseil supérieur de l'aménagement du territoire et pour prévoir l'établissement d'un plan national pour le développement durable, dont il omet d'arrêter le caractère (impératif ou seulement déclaratif), et, enfin, un système d'indicateurs de développement durable qu'il n'énumère et ne qualifie pas.“

Méi spëit seet de Conseil d'État: „Le Conseil d'État conclut que le ministre compétent, voire le Gouvernement, auraient pu atteindre le même résultat en l'espèce en usant d'autres voies et moyens sans recourir à une loi spéciale.“ Ech mengen, méi kloer kann et net sinn, a mir ënnerschreien deen dote Constat, deen de Conseil d'État hei gemaach huet. Dat hei ass u sech en onnëtz Projet mat deem Inhalt hei.

Mir hu probéiert an der Kommission och inhaltlech virunzekommen, am Sënn vun där Motioun, déi eis Fraktioun am Juli 2002 hei bei den Debatten zum Débat d'orientation vum Développement durable erabruucht huet a wou mer gesot hunn: D'accord zu engem Projet de loi, mä awer e muss en normative Charakter hunn. E muss inhaltlech e Plus duerstellen. E muss eis weiderbréngen an net nëmme Prozedure festleeën. E

muss eis weiderbréngen inhaltlech.

Dofir hu mer proposéiert an engem Text fir de Principe de précaution mat anzeschreien an deen heite Projet de loi. Et wär wichteg, wann hei zu Lëtzebuerg géif verbindlech dee Principe de précaution emol an engem Gesetzestext festgehalen ginn an och fir de Verursaacherprinzip allgemeng als Richtlinn, als grouss Prinzip vun der Nohaltegkeetspolitik verankert ze kréien an engem Gesetzestext, fir dass d'Leit sech kënnen op deen Text do berufen an dass d'Leit och kënnen dofir suergen, dass an der Praxis d'Regierung, d'Gemengen an aner, déi Décisiounen huelen, dat da kënnen duerchsetzen.

Mer hätten eis och gewënscht, dass een op gewiescht wär fir eng weider Diskussioun a gesot hätt: Bon, mir hunn dee Conseil supérieur vum Aménagement du Territoire do setzen a mir hunn de Conseil supérieur vum Développement durable do setzen. Verschidde Sparte vun der Société civile si mat dran. D'Regierung setzt mat dran. Mir hunn awer derneift och nach de Wirtschafts- a Sozialrot. Ass et dann net eng logesch Konsequenz, an eenzel Avisen, déi weisen dat op, mä mir hunn net dierfen doriwwer diskutieren. Et huet jo missen nach zu deem Vote kommen, viru siwe Leit hei an der Chamber, wat jo och den Interesse un deem Ganze weist.

Firwat war een net bereet fir déi Diskussioun do ze féieren? Firwat solle mer niewendrun e Wirtschafts- a Sozialrot nach hunn, deen iwwer Soziales a Wirtschaftslechens riet, während den drëtze Piller, d'Nohaltegkeet, erëm an engem anere Gremium soll diskutiert ginn? Vu Regierungssäit setzen souwisoou ëmmer déiselwecht Beamte mat dran, déi all déi Diskussiounen do féieren. Et ass mir ee Rätsel wéi déi Aarbecht eigentlech, déi elo nach zousätzlech kënn, soll vun deeneselwechte Leit nach kënnen uerdentlech gemaach ginn. Dat läit awer praktesch op der Hand, dass mer déi dote Diskussioun hätte misse féieren, fir wierklech hei Neel mat Käpp ze maachen a fir dofir ze suergen, dass mer hei Strukturen opbauen, déi d'Strooss halen an déi et eis ermëglichen, och gutt Aarbecht an deenen nächste Méint a Wochen ze maachen.

D'Apotheos och vun deem Ganzen: Et gesäit ee wéiwäit des Koalitioun, zumindest bei engem vun hirem Deel, d'Nohaltegkeet aschätzt, wéi virun enger Woch iwwerraschenderweis d'CSV-Fraktioun eis an der zoustänneger Verfassungskommission matgedeelt huet, dass elo d'Reform vum Artikel 11 eriwuer wär an dass si dogéint wäeren, fir d'Nohalteg Entwécklung an d'Verfassung anzeschreien.

(Interruption)

Dat ass, mengen ech, d'Kiisch um Kuch, dat weist wat fir ee Stellwäert, dass des Koalitioun deem Ganze vun der nohalteger Entwécklung hei gëtt.

Den Här Schank kann hei esou schéi Wieder hale wéi e wëllt, et ass seng Partei, déi dat dote virbruecht huet an déi net am Stand war dofir ze suergen, dass mir dee Minimum fäerdeg bréngen, wou e Konsens bestanen huet zënter 1999, fir d'nohalteg Entwécklung och als Zil, als Statszil an eise Verfassungstext eranzeschreien. Esou onverbindlech wéi méiglech, dann ass alles an der Rei, soubal et e bësse méi prezis gëtt, soubal gefaart gëtt, dass ee sech kéint op déi Prinzipie beruffe fir gewësse Rechter duerchsetzen, dann ass de Courage fort an da wëllt kee méi eppes vun deene gudden Iddien do wëssen. Dat ass de Stellwäert, deen des CSV-DP-Koalitioun deem Ganzen do bäimisst.

Et sinn nach eng ganz Rëtsch vu weidere Mängel an deem heiten Text dran, menger Usicht no eng ze vill zentralisteschen Approche wéi een un d'nohalteg Entwécklung erugeet. Et ass symptomatesch, dass d'Gemengen net Erwähnung fannen an deem Ganzen, dass d'Agenda 21, wou eng Ëmwelt- an Nohaltegkeetspolitik vun ënnen erop sollt kommen, sech guer net an deem heiten Text erëmspigelt. Dat alles gëtt uewe vun der Regierung, vun zentralisteschen Organen festgeluecht, wou dach d'lokal Handele sollt eigentlech geförderet ginn.

D'Finanzéierungsfro bleift op, d'Moyenen, déi déi eenzel Gremie sollen hunn, ginn net ugeschwat an deem heiten Text, mä et hânt awer vun deene Moyenen of, wann ee wëllt wierklech iergendwéi och eppes aus deem heite Gesetzestext nach iwwerhaapt kënnen erauszéien.

Da mengen ech och, dass relativ onrealisteschen Délaien drastinn, déi op déi nächst Regierung duerkommen. Dat ass vläicht dëser Regierung zimlech egal, wat nom 13. Juni passéiert. Ech maache mer awer e bësse Gedanken doriwwer. Hei sinn Délaien dran, wann net do elo praktesch fäerdeg Texter leien - an ech huelen un, dass de Statssekretär eis wäert soen, dass déi Texter scho praktesch am Entworf fäerdeg sinn - iwwert de Rapport, mä awer och schonn iwwert den zweete Plang fir nohalteg Entwécklung, da kann déi nächst Regierung et net packen, déi Délaien ze respektieren, déi des Chamber sech stellt hir ze imposieren, well dat bedéngt elo schonn e ganz héije Grad vu Preparatioun fir dat dote kënnen ze maachen.

Eng grouss Suerg hunn ech nach weider mat där ganzer Diskussioun ronderëm den IVL, déi mer hunn, dat ass den Degré de précision et d'avancement vun deenen eenzelne Planungsinstrumenter. Mir hunn op där enger Säit een Domän, Verkéier-Siedlung, deen onheemlech pousséiert ass an der Detailplanung, a mir hunn all de Rescht vun der nohalteger Entwécklung, deen hannendrunhippt.

A besonnesch dee ganzen Ëmweltaspekt ass am Detail net op deemselwechten Niveau! Dat mécht d'Diskussioun schrecklech schwéier, dat mécht se souguer riskant fir den Ëmweltdossier wa mir et net fäerdeg bréngen, och iwwert dee Plang vun der nohalteger Entwécklung do deeselwechten Niveau de précision eranze-kréien, fir dass ee mat gläiche Waffe ka praktesch un déi Debatten do erugeen.

Et bleift de Problem vun de ministeriellen Zoustännegkeeten, et bleift och de Problem vun der Konsultatioun vum Bierger. Do steet ee Wuert dran, d'Konsultatioun. Wéi déi Konsultatioun vum Bierger soll geschéien, dat steet net dran. Et bleift virun allem awer och dee grouss Virwurf vun der Onverbindlechkeet vun deem nationale Plang fir nohalteg Entwécklung. Wat steet dran?

D'Regierung huet sech do iwwerworf praktesch fir an hirer Imagiatioun en Text ze fannen, dee gutt klängt, mä näischt soll ausoen, an huet schlussendlech sech géeneegt op en Text, dass den nationale Plang, ech zitëieren: „guide l'orientation politique du Gouvernement“. Wat heescht dat? Ech géif vläicht och soen „oriente l'orientation politique“. Dat gëtt jo guer kee Sënn!

Wat mir gefrot haten an der zoustänneger Kommission, an ech hat gemengt, do wär Eeneigung gewiescht, dat war ze soen, komm mir iwwerhuelen deesel-

wechten Text, deen am Gesetz vun 1999 iwwert d'Landesplanung steet, wou méi eng verbindlech Ausso ass, wou et kloer ass, dass d'Regierung an d'Gemenge bei hiren Décisiounen sech mussen un d'Orientéierung vun dem Programme directeur vun der Landesplanung halen.

Dat ass net garantéiert mat deem heite Fall. Hei gëtt ofgewacht, ofgeschwächt par rapport zum Text vun 1999. A virun allem och huet d'Regierung sech jo hei immens vill Méi ginn ze kopéieren vum belschen Text vun 1997. Mä déi fein Observateuren hu gemierkt, dass se, do wou se ofgeschriwwen huet, an der Rei ass, mä a ganz ville Punkten eng Ofschwächung vum belschen Text gemaach huet.

Ech hätt léiwer gehat, si hätt integral de belschen Text iwwerholl, well deen a ville Punkte bei der Definitioun, bei der Missioun an herno och bei der Verbindlechkeet vum nationale Plang, beim Inhalt vum Plang a vun de Rapporte méi wäit geet wéi dat de Regierungstext mécht, an ech hätt léiwer gehat, hei wär franchement geknäipt ginn, da wär en fait e besseren Text erauskommen, deen eis net vill méi wäit bruecht hätt...

(Interruptions diverses)

Oh, Dir musst nach gutt schwätzen! Jo, Dir sidd gutt placéiert fir aner Leit do Lektiounen ze ginn. Mä ech hätt mer gewënscht hei wär dat propper gemaach ginn, hei wär dofir gesuergt ginn, dass mer wierklech Neel mat Käpp maachen an och an deem Ganzen do virukommen.

Et bleift also - ech kommen zum Schluss -, dass eis Appréciatioun net ka positiv sinn, well mer hei eigentlech eng eidel Hüls stëmmen, well mer hei eigentlech d'Chance verpasse fir virunzekommen an deem Ganzen.

Une voix.- Haalt elo op!

M. Alex Bodry (LSAP).- Hei geet et drëm, wéi den Här Weiler dat de Moie gesot huet, nach ze soen, mir hu méiglechst vill Texter gestëmmt a mir hunn eppes fir d'Nohaltegkeet gemaach, well mir hunn den Text iwwert d'Nohaltegkeet gestëmmt. Mä et ass näischt dran, et ass näischt dra wat d'Regierung net souwisoou misst maachen op Grond vun deenen internationale Verpflichtungen. Et si keng Sanktiounen dran, wann d'Regierung et net mécht. Et ass kee normative Text. Et ass eigentlech de Contraire vun engem Gesetzestext.

Mir sollte wierklech bei aller Kritik, déi mer souwisoou astiechen als Parlament an als Regierung, wou jidderee sech beklot, dass mer zu alle Froe mengen, mir misste Gesetzestexter maachen, mir misste reglementéieren, dat wierklech beschränken op déi, wou et wierklech néideg ass, wou mer virukommen domadder. Mir kommen net virun an där heiter Diskussioun, op deem dote Punkt, dofir wäerte mir deen heiten Text och net stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert

M. Gusty Graas (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, 17 Joer nom Brundlandt-Bericht an zwielef Joer nom Sommet vu Rio iwwert d'Ëmwelt ass ouni Zweifel d'Nohaltegkeet entrezweeps awer e wichtegt Objektiv ginn, mä et huet een allerdéngs heiansdo d'Gefill, an dat muss een esou kloer soen, wéi wa mer an der Ëmsetzung trotzdem net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä och international gekuckt dach eng Rei Problemer hätten, wéi wa mer net ëmmer esou richtig vun der Plaz kéimen.

U sech ass Nohaltegkeet jo näischt anescht wéi eng sënnvoll Kultivéierung vun der Natur, an doranner ass jo u sech och eis eege Kultur enthalten, well am Endeffekt hânt jo och dat Soziaalt an dat Wirtschaftlecht ouni Zweifel dovunner of, wéi mir u sech mat deem natierlechen Ëmfeld ëmginn. Wichteg ass awer, dass de Message ëmmer méi verbreet gëtt, dass den Développement durable gutt ass fir jiddereen an dass en nëmme kann d'Liewensqualität u sech och steigern. An dass et zum Deel natierlech schlecht ëm eise Planéit steet, dat gëtt ee leider all Dag duerch wëssenschaftlech Beleeër respektiv duerch Presseartikele gewuer, an duerch déi zouhuelend Ëmweltbe-laschtungen entstinn ëmmer nei Naturkatastrophen an och Liewensmëttelkrisen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et muss een awer hei ënnersträichen, an ech kann dofir deem net esou ganz zoustëmme wat mäi Virriedner ëmmer erëm hei duerchblécke gelooss huet, dass jo awer d'Nohaltegkeet am politesche Sproochgebrauch hei zu Lëtzebuerg an deene leschte Joren ëmmer méi en Thema ginn ass...

Une voix.- Très bien!

Une autre voix.- Awer just am Sproochgebrauch!

M. Gusty Graas (DP).- ...an dat ass jo awer schonn en enorme Fortschritt. Wa mer viru Joren diskutiert hunn, da war Développement durable eppes total Abstraktes, mä haut ass et awer schonn e Reflex a villen Iwwerleeunge ginn, an ech géing soen...

(Interruptions diverses)

Ech kommen nach op méi konkret Explikatiounen.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Loosst de Riedner schwätzen.

M. Gusty Graas (DP).- Spéitstens no dem Débat d'orientation aus dem Juli 2002 jiddefalls konnt een awer feststellen, dass den Développement durable sech ëmmer méi och an déi eenzel aner Politike mat integréiert huet. An dowéinst ass och de politesche Wëllen dokumentéiert ginn, fir wéi gesot awer der Nohaltegkeet vill méi eng grouss Bedeitung zoukommen ze loosson.

D'Chambre de Commerce huet an hirem Avis zu dësem Gesetzesprojet drop higewisen, dass e Manko u Koordinatioun tëschent deenen eenzelne Ministère géif bestoen. Dat ass u sech net ganz falsch, mä et ass awer och näischt Neits. Dat war fréier nach vill méi schlëmm, mä grad dowéinst gëtt jo awer och dëst Gesetz elo geschafen, fir dass eng besser Koordinatioun kann um Niveau vun deenen eenzelne Ministère an Departementen entston. Well eent vun den Haaptobjektiver vun dësem Gesetz ass eben d'Schafe vun dem Conseil supérieur pour le développement durable, also enger Zort ronnen Dësch kann ee soen, wou Reflexiounen och iwwert d'Zukunft gefouert solle ginn.

Eenzel Leit wollte jo mol an der Zäit aus dësem Gremium méi e Mammutorgan maachen. Mir sinn awer éischter der Meenung, dass et richtig ass, dass een elo op dëse Wee gaangen ass. Dat schléisst jo selbstverständlech net den Dialog mat der Société civile aus, ganz au contraire, et ass jo awer virgesinn, dass d'Société civile hei flächendeckend mat an déi ganz Debatten integréiert gëtt. A mir hu jo awer och déi lescht Joer gewisen, dass de Wëllen do ass vun der politescher Majoritéit fir deen Dialog ze fleegen.

Ech wëll drop hiweisen, dass d'Ëmweltkommissioun eng ganz

Rei vun Organisatioune komme gelooss huet, dass d'Spezialkommissioun Immigration eng ganz Rëtsch vun ONGen, vun aneren Associatiounen, déi sech mat där Problematik ofginn, komme gelooss huet, an op Basis vun deenen Diskussiounen awer och wicteg Synthèsë konnt maachen, wicteg Erkenntnisser konnt zréckbehalen, op déi jo awer dann och d'Politik fir d'Zukunft kann opgebaut ginn.

Wicteg ass natierlech allerdéngs och d'Zesummesetzung vun deem Gremium. Ech mengen, dass och hei de richteg Wee gewielt ginn ass. An et dierf een och net de politeschen Impakt ënnerschätze vun esou engem Conseil supérieur. Mir hu jo awer eng Rei vu Conseil-supérieurs, déi awer gutt a wicteg Aarbecht leeschten an deenen hir Iwwerleeungen awer och an d'politesch Aktiounen afléissen. Et gëtt do eng ganz Rei, déi flott an interessant Avisë verfaassen, déi dann awer herno um politesche Plang ouni Zweifel eng gewësse Resonanz hunn.

Doniewent hu mir jo wéi gesot och nach déi Commission interdépartementale du développement durable geschafen. An dat erlaabt u sech och nach méi geziilt déi wicteg Koordinéierung tëschent deenen eenzelne Ministären an och Departementer weiderzedreien. Well hei sträife mir wirklech ee vun den Haaptproblemer - an dat ass ganz kloer, wann ee wëllt en Développement durable zu engem Haaptobjektiv erklären an der Politik, an dat wëllt dës Regierung an dat huet se och ënner Beweis gestallt, da muss dat koordinéiert ginn, dann dierf dat net isoléiert gesi ginn, mä da muss dat ëmfaassend a sämtlech Politiken Afloss fannen. Well leider muss ee jo och munchmol feststellen - fréier nach méi oft wéi haut -, mä dass och e gewëssene kontradiktorese Geescht souguer besteet innerhalb vu verschiddene Ministären, wat natierlech net gutt ass fir d'Entwécklung.

Ech sinn iwwerzeegt, dass och duerch d'Schafe vun dëser neier Kommissioun déi Problematik wäert an Zukunft manner grouss ginn. Iwwert de Plan national pour un développement durable, dee jo elo all véier Joer muss opgestallt ginn, sollen dann och elo déi Objektivt ëmgesat ginn. Ech sinn och der Meinung, dass et richteg ass, dass dës Plang soll bewäert ginn. E soll awer wa méiglech vu Leit bewäert ginn, déi eng Distanz zu deem Ganzen hunn, déi also onparteiesch kënnen un déi Aarbecht erugeen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Chambre de Commerce huet dann an hirem Avis och nach ugereegt, et soll en Instrument geschafe ginn, wat déi fräiwëlleg Accordé mat den Entreprises nach soll favoriséieren, dat ass näischt Neies, dat ass schonn ënert der viregter Regierung an d'Liewe geruff ginn. U sech ass dat och richteg, mä mir mussen och do realistesch sinn. Mir wëssen - an dat gëllt souwuel fir Entreprisë wéi fir Privatleit -, dass ee sech éischter animéiert fillt, eppes ze ënnerhuelen, wann ee weess, dass een dowéinst och e gewësse finanziellen Avantage huet.

Da si mir natierlech och ganz séier bei der Diskussioun ëm déi ökologesch Fiskaliteit. Ech mengen, dat ass e wictegt Element vun der Nohaltegkeet. Ech maache keen Hehl draus!

(Interruption)

Ech maache keen Hehl draus!

(Interruption)

Da musst Dir un éischter Linn vläicht emol och déi Leit froen, déi zoustänneg si fir d'Finanzen.

(Interruption)

Dir wësst awer op där anerer Säit, dass dat e ganz komplexen Dossier ass. Ech wëll och nach eng Kéier hei ënnersträichen, dass

d'Demokratesch Partei nach wie vor zu dem Prinzip vun enger ökologescher Fiskaliteit steet. Mir sinn der Meinung, dass dat aktuellt Steiersystem - an ech beruffe mech hei och op eise Wahlprogramm - soll wéi gesot duerch eng ökologesch Komponent erweidert ginn. Steieren op dem Verbrauch vun den natierleche Ressourcë mussen allerdéngs och indexneutral gehale ginn.

Well op där anerer Säit muss een awer och ënnersträichen, dass d'Aféierung vun enger Ökotax oder Ökosteier, wéi ee se dann och ëmmer soll nennen, awer och net dierf zu enger allgemenger Erhéijung vun der Steierlaascht féieren. Dat dierf net de Sënn an den Zweck vun enger Ökotax sinn. Se muss e Lenkungsinstrument duerstellen, se muss also dozou bäidroen, dass beim Konsument respektiv och beim Producteur, deen eng gewëssen nuisance fir d'Ëmwelt mécht, deementsprechend en anert Verhalten entsteet.

Ech wëll och hei ënnersträichen, dass mer d'Konzept vum Ökobonus selbstverständlech als och eppes Positives wëllen duerstellen.

E wictegt Element am Plang sinn natierlech och d'Indicateuren. Ech wëll dat elo net hei verdéiwen; de Rapporteur ass schonn drop agaangen. Mä si ginn a sech d'Méiglechkeet fir konkret ze moossen, wéi eis Initiativen iwwerhaapt gräifen, well et geet jo net nëmmen duer, dass een eng Rei vu legislativen Décisiounen hält. Et muss ee jo awer och am Laf vun der Zäit kënnen konkret novollzéien, wat dat dann u sech awer och elo bruecht huet.

An der ganzer Diskussioun ass natierlech awer och dee juristeschen Aspekt net ze ënnerschätzen, besonnesch wat den Inhalt, d'Bewäertung vum Terme Développement durable ubelaangt. De Conseil d'État deet sech jo och ëmmer relativ schwéier domadden, wat een och kann novollzéien.

Allerdéngs muss een dat och hei ënnersträichen, d'Nohaltegkeet mécht nëmme Sënn, wa se sech zu enger internationaler Doktrin entwéckelt. Et huet net vill Sënn, wa mir op eisem klengen Territoire hei eng nohalteg Politik an d'Weeër leeën, wann net um europäesche Plang, voire - kann ee bal soen - um planetaresche Plang deesewechte Geescht sech entwéckelt. Leider muss een do feststellen, an de Protokoll vu Kyoto beweist dat am beschten, dass virun allem grouss Natiounen, an Amerika muss a soll hei genannt ginn, do en anereren Esprit hunn, wat ee muss bedauern, wat ee wirklech muss bedauren. Et kann een nëmmen hoffen, dass och do eng Kéier en Émdenke wäert kommen.

Här President, d'Fro ass natierlech: Wat huet eist Land dann elo konkret um Niveau vun der Nohaltegkeet an deene leschte Jore scho gemaach? Et gëtt jo gären esou pauschal hei vu lénks a vu riets behaapt, wéi wann dës Regierung um Niveau vum Environnement näischt opzeweisen hätt, mä wann ech elo déi Lëscht exhaustive géif virbréngen, da géing et nach vill méi spéit gi wéi et elo schonn ass.

(Interruption)

Dat maachen ech ganz gären; ganz gare ginn ech lech e puer Beispiller. Ech wëll zum Beispill drop hiweisen, dass duerch d'Initiativ vun eise Leit, vun dem Goere Charles an dem Eugène Berger am Ëmweltministère, d'Promotioun vun den erneierbaren Energien, en Essor kannt huet, ...

(Interruption)

... deen eis wirklech selwer positiv iwwerrascht huet.

(Interruption)

An net méi spéit wéi d'viregt Woch huet d'Chambre des Métiers awer och kloer gesot, dass duerch déi Initiativen 20 nei Betriber geschafe goufe mat iwwer 300 neien Aarbechtsplazen. Dat heescht och den ekonomesche Volet ass do.

Jiddefalls, et ass ganz kloer bewisen, dass hei déi richteg Politik an d'Weeër geleet ginn ass, mat engem kloer Resultat och.

Zweetens, um Niveau vum öffentlichen Transport. Muss ech dann hei nach eng Kéier widderhuelen, dass mir eng Enveloppe gestëmmt hunn?

(Interruption)

800 Meter Schinn si geluecht ginn.

(Interruption)

Hei frot emol déi fréier Regierungsmemberen, wéi vill Meter Schinn hir Kolleegen, wou se 15 Joer Zäit haten...

(Interruption)

15 Joer haten hir Kolleegen Zäit, fir en Zentimeter Schinn ze leeën, da frot emol, wéi vill dass si der geluecht hunn. Frot en emol!

An da, mengen ech, soll een awer hei ënnersträichen, dass grad ënert dëser Regierung enorm Efforté gemaach goufen, wat den öffentlichen Transport ubelaangt, ouni elo wéi gesot erëm eng Kéier am Detail alleguerten déi positiv Initiativen hei opzelëschten.

Drëttens hu mir en neit Naturschutzgesetz hei gestëmmt, Här Bodry! Dir hätt jo awer och Zäit gehat an Ärer Legislaturperiod dat ëmzesetzen!

(Interruption)

Jo, dach, mir si ganz wäit komm, well Dir wësst selwer, dass et guer net esou evident war. Mir hunn haut e performant Naturschutzgesetz ouni Zweifel, wat eis och erlaabt, an Zukunft nach vill méi e konkreten Naturschutz um Terrain durchzusetzen.

(Interruption)

Véiertens, d'Entwécklungshëllef, déi och e wesentlecht Element ass vun enger Nohaltegkeetspolitik, wäert nächst Joer 1% vum PIB kréien.

Da wëll ech och drun erënneren: Fënneftens, mir hunn en Hëllefprogramm hei gestëmmt fir Betriber, déi Investissementer am Intéret vun Ëmweltschutz maachen. Sechstens, et ass en nationalen Offallwirtschaftsplan opgestallt ginn. Siwentens, et sinn eng Rei vun Initiativen um Naturschutz geschafe ginn, ënner anerem zum Beispill am Mamerdall, ënner anere d'Ausweise vun Naturbëscher.

Elo kann ee mir virwerfen, dat si punktuell Initiativen, mä vill Punktuellt gëtt e Ganzt.

(Interruption)

Neen, dat ass net eng Drëps op e waarme Steen, mä dat ass e wictegen Ufank, wou aner Leit Jore virdrun d'Méiglechkeet haten dat och ze maachen, awer se net realiséiert hunn.

Um Niveau vum Kläranlagebau kennt Dir lech jo virstellen, dass meng Euphorie manner grouss ass, mä zumindest hu mir awer och do dräi wicteg Projeten entre-temps gestëmmt.

Da wëll ech drop hiweisen, dass mer net méi spéit wéi iwwermuer wäerten hei op dëser Plaz och e Gesetz stëmmen, wou ebe grad den Esprit vum Développement durable och zum Virschäi kennt, wann et nämlech ëm den Aménagement communal wäert goen.

Dës Opzielung ass mat Sécherheet net komplett, déi kéint een nach weiderféieren, mä et soll awer elo keen heihinner kommen

a behaapten, wéi wann elo fënnf Joer praktesch een ontäteg bliwwe wär an deem Beräich. Just au contraire, et ass ganz villes geschitt. Virun allem ass och villes fir d'Zukunft um legislative Plang hei décidéiert ginn, wou wahrscheinlech aner Leit eng Kéier fréier oder spéider wäerte sech dann d'Friichte vum Bam erfuehlen.

(Interruptions diverses)

Mä dat soll awer net de Problem sinn. Haaptsaach, et ass eppes am Intéiert vun dësem Land awer och geschafft ginn.

Allerdéngs dat Wictegst ass, d'Nohaltegkeet kann och nëmme gräifen, wa se um Terrain konkret ëmgesat gëtt. An dozou brauch een natierlech och Acteuren, an déi wictegst Acteure si fir eis als Demokratesch Partei ganz kloer d'Gemengen.

Une voix.- Wien huet deenen dat ewechgeholl? D'Suen hutt Der deenen ewechgeholl!

M. Gusty Graas (DP).- D'Gemege mussen hei mat integréiert ginn, dës le départ, dat ass evident. Ech mengen, dat wëssen déi zoustänneg Leit.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Den Artikel 12, jo.

M. Alex Bodry (LSAP).- Da liest den Artikel 12 vir, wann ech gelift!

M. Gusty Graas (DP).- Den Här Berger wäert lech déi néideg Erklärungen herno ginn.

M. Alex Bodry (LSAP).- Liest dee vir, wann ech gelift!

Une voix.- Lauschttert dem Här Bodry no!

Une autre voix.- Kënnst Der dee wann ech gelift virlesen?

M. le Président.- Elo loosst den Här Graas seng Ried halen!

(Interruptions diverses)

M. Gusty Graas (DP).- Ech mengen et ass evident, dass d'Nohaltegkeet an Zukunft nach méi verstärkt muss iwwerhaapt am allgemengen Débat politique stoen. Dozou ass et awer och wicteg, dass een eng ganz geziilten Öffentlechkeetsaarbecht mécht, well wann een d'Statistike kuckt, an ech referéiere mech hei zum Beispill op Däitschland, wou nogewie ka ginn, dass nëmme 15% vun de Leit eppes mam Terme Nachhaltigkeit ufänke kënnen. Ech hoffen, dass et der hei zu Lëtzebuerg e puer weider sinn, woen allerdéngs ze behaapten, dass den Taux net wäert vill méi héich sinn. De Beweis, dass et awer wicteg ass, dass mer dat nach ëmmer méi thematiséieren.

(Interruptions diverses)

Op jidde Fall kann ech nëmmen ofschléissend hei behaapten, dass dat heiten, contrairement zu deem wat den Här Bodry gesot huet, keen onnëtzeg Projet ass. Et ass e ganz nützvolle Projet. Et ass kee perfekt, mä et ass emol e wictegt Dokument, et ass emol e Basisdokument geschafe ginn, dass mer dem Développement durable awer och elo zumindest eng legislativ Haftung ginn, wat jo awer och fir...

Une voix.- Wou steet dat dann?

M. Gusty Graas (DP).- Ma Dir wäert dat jo awer sécher besser wësse wéi ech.

M. Alex Bodry (LSAP).- Neen, ech si Jurist, ech verstinn et net. Sot Dir mir als Netjurist, wat de Plus ass.

M. Emile Calmes (DP), rapporteur.- Här Bodry, wéi kennt Dir da permanent behaapten, dat net genuch am Gesetz dran ass,

wann Der keent braucht. Dir widerspricht lech jo déi ganzen Zäit!

M. le Président.- Här Graas, fuert weiter! Loosst lech net stéieren!

M. Gusty Graas (DP).- Jiddefalls ofschléissend nach eng Kéier, wéi gesot, ech kann nëmmen hei d'Regierung félicitéieren, dass se de Courage nach hat, esou en Text auszuschaffen, well loosse mer eis dach kengen Illusiounen higin: Mir wëssen, dass déi ganz Thematik hei immens kontradiktorese dobaussen diskutéiert gëtt. Mir wëssen, dass et eng Rei vu Stréimunge gëtt, déi keng Sensibilitéit hu fir déi Problematik, an et ass eng wicteg Sensibilitéit. An dann ass et ëmsou méi méritoire, wann ee sech trotzdeem doriwwer ewechsetzt an en éischte wictegen Ufank mécht.

(Interruption)

Dach, et ass schonn e ganz wictegen Ufank dran. Wéi gesot nach eng Kéier, ech wäert an deem Sënn selbstverständlech d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun bréngen, net ouni awer och nach mengem Fraktiounskolleeg Emile Calmes merci ze soe fir seng verschidde Berichter.

Plusieurs voix.- Ah!

M. Gusty Graas (DP).- Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als leschten Diskussionsriedner ass den Här Camille Gira agedroen. Den Här Gira huet d'Wuert.

M. Fernand Greisen (ADR).- Ech wollt nach eppes soen.

M. le Président.- Ah, et ass gutt. Den Här Greisen huet d'Wuert.

M. Fernand Greisen (ADR).- Merci, Här President. Ech wollt just den Här Mehlen entschëllegen, deen zu deem Projet hei wollt schwätzen. Mir hunn an eiser Fraktioun dat Ganzt diskutéiert an ech kann lech hei d'Meenung vum ADR matdeelen. Dir verstitt sécherlech no den Ausféierunge vun dem sozialistesche Spriecher, dass mir mat deem Projet hei net kënnen averstane sinn, an den ADR wäert sech beim Vote enthalten.

M. le Président.- D'Wuert huet dann elo den Här Camille Gira.

M. Camille Gira (DÉI GRENG).- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat hei geschitt ass net nohalteg, a wat hei geschitt ass och net demokratesch. Et ass net nohalteg, well dat Gesetz, wat hei presentéiert gëtt, net ausgeräift ass, net ausdiskutiert ass, net durchgeduecht ass, an et wäert d'Nohaltegkeet zu Lëtzebuerg kee Schratt, jo kee Millimeter weiderbréngen an eisen Aen. Ech ka mer och, well et schonn esou spéit ass, spueren, nach eng Kéier dat alles ze widderhuelen, ech deelen zu engem ganz groussen Deel d'Analys vum Alex Bodry a brauch dofir déi Saachen net nach eng Kéier ze widderhuelen

Et ass awer och net demokratesch wat hei geschitt, an et ass eben duebel schlémm am Kontext vun engem Gesetz, wou et ëm d'nohalteg Entwécklung geet. Ech hunn dat Gefill, dass bei ville Leit, déi responsabel sinn iwwer Nohaltegkeet ze décidéieren an ze diskutéieren, nach net ukomm ass, dass ee vun de wesentleche Punkte vun der Nohaltegkeet déi véiert Zeil ass, wann ech dat esou dierf soen.

Et gëtt ëmmer vill geschwat vun Ökologie, vun Économie a vu Sozialem, mä wat awer och zur Nohaltegkeet fir mech gehéiert, dat ass anescht Politik maachen, net

nëmmen eng aner Politik maa-chen, mä anescht Politik maa-chen, nämlech mat de Leit, mat de Gemengen, mat der Société civile. A wann ee grad bei engem Projet wéi deem heiten esou ondemokra-tesch virgeet wéi dës Majoritéit, da léisst dat net vill Guddes ahne fir d'Versteesdemech vun dem Développement durable.

Dir wësst op wat ech eraus wëll. De Kolleeg Garcia an ech hunn am Oktober 2002, also méi wéi si- we Méint virun dem Gesetz vun der Regierung, eng Proposition de loi déposiert, wou mer eis vill Aarbecht domat gemaach hunn, wou mer och intern an eiser Partei ganz vill driwwer diskutéiert hunn a wou ech mengen awer kënnen ze behaupten, dass dat, wat mer do virgeluecht hunn, kohärent ass. Ech ka mer virstellen, dass net jiddferen d'accord ass mat deem wat an där Proposition de loi steet, mä ech mengen awer, de Mini- mum wär gewiescht, dass ee sech Zäit geholl an d'Méi gemaach hätt fir doriwwer ze diskutéieren.

Dat seet iwwregens och de Conseil d'État, dee gesot huet, et wär derwäert fir eis Iddien aus ei- ser Proposition de loi an den Dé- bat vun deem anere Gesetz afléi- sen ze loossen. An dat wär, men- gen ech, dat mannst gewiescht, dass et haut um Ordre du jour ge- wiescht wär, mä emol deen An- stand hat dës Majoritéit net. Et ass weder Rechnung gedroe gi vun eisen Iddië beim Débat, dat hunn ech nach deelweis verstan, well et war jo keng Zäit méi fir iergend- eppes seriö ze diskutéieren. Wann een um hallwer néng eng Ré- unioun mécht, déi um néng muss eriwwer sinn, fir iwwer Développe- ment durable ze diskutéieren, da kann een net nach iwwer eng Pro- position de loi vun der Opposi- tioun schwätzen. Mä dass emol net, wann emol net...

(Interruption)

Dat ass net richtig, Här Calmes, neen. Här Calmes, ech wëll nach eng Kéier betounen, Dir hutt elo éinescht schonn hei falsch Saache behaupt. Ech hunn déi zwee Rapporten, déi zwee Rap- porté vun deenen zwou Umwelt- kommissiounen sinn hei. Do geet kee Wuert driwwer Rieds, dass eis Proposition de loi iwwerhaupt dis- kutéiert ginn ass.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Här President, neen, ech loosse mer dat doten net soen! Ech hunn déi zwee Rapporté vun deenen zwou Sitzungen hei. Deen een ass ganz kuerz, esou kuerz wéi d'Sit- zung, dat waren dréi Sekonnen, dunn ass iwwert de Rapport of- gestëmmt ginn an domat hat et sech. An deem anere Rapport steet a kengem Moment, dass iwwerhaupt iwwer eis Proposition diskutéiert ginn ass. Et steet just do, dass ech formell mech geier- gert hunn, dass...

■ M. Emile Calmes (DP), *rap- porteur*.- Mir hunn an engem per- sönleche Gespräch gefrot, ob Dir géift wëlle Rapporteur genannt ginn. Dir hutt lech net dofir inter- esséiert.

(Interruptions diverses)

■ M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Här Calmes, neen, dat dote war nodeem d'Sitzung ofge- brach war.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

■ Une voix.- Ech sinn Zeien!

■ M. le Président.- Lauschtet elo dem Riedner no an da kënnt Der herno nach d'Wuert froen.

■ M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Här President, ech menge wat zielt vun enger Sitzung ass den offizielle Rapport, an an deem offizielle Rapport geet keng Rieds vun eiser Proposition de loi. Effektiv huet den Här Calmes, wéi

d'Sitzung eriwwer war, tëschent Tür und Angel zu mir gesot: Hei, wat féiers du eng op hei! Wann s du gäre Rapporteur gëss, da so mer et, da maache mer dat muer nach. Ech si jo awer net ver- réckt...

■ M. Emile Calmes (DP), *rap- porteur*.- Här Gira, et ware sechs Mann dobannen, a wann Der drop insistéiert hätt, da wiert Der selbstverständlech Rapporteur genannt ginn. Esou war et.

■ M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- A wéini hätte mer dann driwwer diskutéiert, Här Calmes? Wéini hätte mer dann déi Proposi- tion de loi diskutéiert?

■ M. Emile Calmes (DP), *rap- porteur*.- Mir hate keng Zäit fir driwwer ze diskutéieren.

(Interruptions diverses)

■ M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Neen, ech mengen net. Zwou Minutten hätte mer nach fonnt. Ech mengen, ech maache jo awer keng Diskussioun mat, eng Alibidiskussioun. Et wär den normalsten Anstand gewiescht, dass eis Proposition de loi mat um Ordre du jour gestanen hätt wéi déi aner komm ass.

■ M. Emile Calmes (DP), *rap- porteur*.- D'Proposition de loi war schonn do ier mer deen Débat d'orientation hei gemaach hunn. Si konnt also hei matdiskutéiert ginn.

■ M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Här President, ech blei- we bei menger Meenung. Et ass kloer, dass wa scho keng Zäit méi bleift, fir iwwert de Projet de loi vun der Regierung ze diskutéie- ren, da fält et natierlech enger Ma- joritéit schwéier, och nach Zäit ze fannen, fir iwwert d'Iddi vun der Oppositioun ze diskutéieren.

Ech fannen dat insgesamt ganz grave, ech fannen et awer beson- nescht grave an deem Kontext, zemools wou et awer derwäert ge- wiescht wär, sech mat eisen Id- dien ausernee ze setzen, well am Géigesaz zu deem, wat hei pre- sentéiert ginn ass, wëll ech hei be- haapten, dass eis Proposition de loi absolut kohärent ass, dass et e Ganzt ass. An een, dee sech d'Méi mécht wierklech déi zwou Proposen ze liesen, dee kann awer als onofhängege Beobachter zur Konklioun kommen, dass eis Proposition de loi wierklech méi Substanz huet, dass se méi konkret ass, dass se méi kloer Strukture mécht.

Ech wäert dann och, well zu där inhaltsloser Proposition vun der Regierung eigentlech alles gesot ass, mir e puer Minutten Zäit hue- len, fir d'Point-forté vun eiser Pro- position de loi virzustellen, dass wéinstens e puer Spure vun där Aarbecht, déi ee sech hei ge- maach huet, bleiwen.

De Combel fannen ech dann nach wann de Mëtten de Fraktiouns- chef vun der CSV heihi kënnt a seet, dat wat mir de Mëtte gemaach hätten, dat wier Zauber. Ech fan- nen dat eng Frecheheit, muss ech soen, vum Här Weiler vis-à-vis vun Deputéierten, déi sech d'Méi ge- maach hunn, Här President, eng seriö Proposition de loi ausze- schaffen, déi kohärent ass, wou villes drasteet, wou vill gutt Iddien dra sinn. A wann een dann insi- téiert a mir gäre gehat hätten, dass béides zesummen disku- téiert gëtt, an dann de Fraktiouns- chef vun der gréisster Partei seet, dat wier Zauber, well d'Wahle ge- schwënn do wären, da fannen ech dat de Geck gemaach mat der Oppositioun. Dat ass de Geck ge- maach mat der parlamentare- scher Aarbecht.

Da gëtt sech beklot iwwert d'Bild, wat eis Chamber dobaussen ofgëtt, an da sinn Deputéierten, déi seriö Texter hei erabréngen, an da gi se mol net derwäert fonnt fir hei op den Ordre du jour gesat

ze ginn. Dat war nämlech deesel- wechten Här Weiler zesumme mam Här Rippinger, déi derfir ge- suert hunn, dass meng an dem Här Garcia seng Proposition de loi haut net matdiskutéiert ginn ass. Op déi 20 Minutten wier et wierk- lech och net ugaangen. Dat hätte mer och nach gepackt. Déi aacht Leit, déi hei sinn, wieren och nach eng hallef Stonn méi laang bliw- wen. Duerfir, Här President, ech wëll dat dann nohuelen. Ech wëll mech wierklech net laang ophale mat deem anere Gesetz.

Dëst Gesetz ass, wéi d'ganz Poli- tik am Beräich Développement durable vun deser Regierung, in- odore, incolore, insipide. Et ass schwaarzen Damp a bloen Donscht. De Beweis ass komm d'lescht Woch, elo wou et gëllt Faarf ze bekennen, wéi den Här Bodry gesot huet, den Artikel 11 ass d'Baach ofgaangen. Et sinn aner Iddien, déi opkomm sinn, d'Baach ofgaangen. An dofir, mengen ech, wonnert dat een ei- gentlech net an et wäert sécher- lech net dëst Alibigesetz sinn, déi Datz am Développement durable, wat dës Regierung wäert an e po- sitiivt Resultat verbannen.

■ Une voix.- Très bien.

■ M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- D'Point-forté vun eiser Proposition de loi si folgend: Ech mengen eise Gesetzworschlag huet de Virdeel, dass en e kloren, institutionellen a prozedurale Ka- der geschaaft hätt, an deem den Développement durable kéint dis- kutéiert ginn. Dat gesäit ee ganz gutt aus deem Diagramm, dee mer och bei déi Proposition de loi gesat hunn, wou ganz kloer den Ennerscheid mat deem eraus- geet, wat elo am Projet de loi vun der Regierung ass.

Ee wichtege Punkt wier deen, dass mer endlech den Dévelop- pement durable op wëssenschaft- lech Basé géinge setzen an dass mer opgrond vun objektiven Zue- len en demokratesche Prozess géingen oféieren, fir de Plan nation- al pour le développement du- rable anzeféieren.

Et kann ee villes vum IVL halen, mä en huet zumindest de Mérite, dass en eng Rei objektiv Zuelen endlech op den Dësch geluecht huet. An ech menge wann do- bausen elo iwwert den IVL disku- téiert gëtt, dann ënner anerem well mol endlech Zuelen op den Dësch komm sinn, déi vu kengem méi, mengen ech, a Fro gestallt ginn, wou ganz interessant Saa- chen erauskommen, wéi dass e „modal split“ esou vill méi héich ass soubal eng Gare an der Géi- gend ass; wou op eemol erauskennt, dass am heijen Norde pro dausend Awunner vill méi Aar- bechtsplaze si wéi am Süden. Dat dréit derzou bäi, dass ee kann eng objektiv Diskussioun féieren. A fir dass dat och beim Dévelop- pement durable ass, hu mir ganz bewosst en Institut national du dé- veloppement durable geschafen, fir déi ganz Diskussioun aus Re- gierungshänn erauszehuelen.

Ech sinn der Meenung, wa mer net méi Neutralitéit an den Débat iwwert den Développement du- rable erabréngen, da wäert et ëm- mer erëm dat Spillche ginn të- schent Majoritéit an Oppositioun, an déi eng sinn net frou iwwer schlecht Zuelen, an déi aner er- freeë sech deelweis iwwer schlecht Zuelen, well se enger Re- gierung déi kënnen ëm d'Oueren haen. Dat Spillche wäert dann esou weidergoen.

Duerfir hätte mir d'Basis vun der Debatt aus Regierungshänn erausgeholl an en Établissement public, zumindest wou mengen ech éischter eng Objektivitéit gi wier, an doniewent hätte mer

wierklech e Conseil supérieur du développement durable gesat, wou d'Regierung net dra vertrue- de gewiescht wier, mä wou d'So- ciété civile hätt kënnen hir Mee- nung zum Plan national, hir Mee- nung zu den Indicateure soen. Si hätte sech kënnen beruffen op en Observatoire indépendant, an ech hunn dat schonn an der Debatt iw- wert den IVL gemaach, wa mer net e „Statec bis“ kréien, deen eis regelméisseg all déi Zuelen aus dem Développement durable, aus dem Umweltberäich, aus dem Ver- kéiersberäich an esou weider gradesou liwwert an eis gradesou opmierksam mécht wéi de Statec am Wirtschaftsberäich, da wäerte mer net weiderkomme mat där ganzer Diskussioun.

A mir sinn dunn och ganz be- wosst, wéi den Alex Bodry et schonn hei uklänge gelooss huet, esou wäit gaang fir de Conseil économique et social net ofze- schafen, mä ze reforméieren, well mer eben der Meenung sinn, dass een am Ufank vum 21. Jorhonnert, wou et ëm d'Nohaltegkeet geet, net méi kann esou e wichtegt Gre- mium hunn, wat eben nënnen, wéi säin Numm et seet, iwwer Eko- nomie an iwwer Soziales disku- téiert. Do gehéiert endlech déi ekologesch Basis derbäi an dat hätt ee kënnen maachen an dat hu mer och proposéiert hei ze maa- chen.

An da virun allem si mir der Mee- nung, dass ee vill méi intensiv d'Populatioun an d'Gemege misst an déi ganz Prozeduren, mä och an déi ganz Thematik mat abannen. Ech perséinlech sinn der Meenung, dass wa mer net ufänke konkret Beispiller um Ter- rain vun nohalteger Entwécklung ëmzesetzen, zesumme mat de Gemengen, zesumme mat de Veräiner, Pilotprojete weisen, da wäert et bei...

(Interruptions)

Also, Här Berger, mir hunn net brauchen op en Umweltministère ze waarden, ier mer am Réidener Kanton eng Rei Iddie gemaach hunn.

(Interruption)

Här President, mir sinn dankbar fir déi Subsiden, déi et deelweis gëtt.

(Interruption)

Ech muss lech awer zu gläicher Zäit soen, Här President, an dat weist d'Inkohärenz an dat weist, dass ebe grad an deser Legisla- turperiod nach guer nâischt ge- schitt ass am Secteur, fir méi inter- disziplinär ze schaffen.

Här Berger, mir gi vun lech ganz substanzuell ënnerstëtzt, zum Beispill am Beräich alternativ Energien, a wa mer déiselwecht Projeten an de Ministère de l'Inté- rieur schécken, da kréie mer just Steng an d'Wee gehäit. Dir wësst dat schonn zënter Méint, zënter Joren. Dir hutt et och net fäerdeg bruecht eng Kéier freides um Re- gierungsdësch Kloerheet ze schaf- fen driwwer, ob dann elo Gemen- gen e kloren Optrag hunn am Beräich alternativ Energien. Sou muss nach all Gemeng sech erëmpleen. Äre Kolleeg Calmes ass buede gaang viru Geriicht. Aner Gemengen hunn no méinte- laangem Waarden nach ëmmer keng Äntwert, ob se däerfen alter- nativ Energië selwer bedreiwen an esou weider an esou fort.

■ M. Emile Calmes (DP), *rap- porteur*.- Eis zwou Wandmillen dréinen awer, och wann ech bue- de gaang sinn.

■ M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Mä gutt. Dir wësst ganz genee, dass ech Recht hunn. Et ass keng kohärent Politik an deem Beräich.

Schlussendlech mengen ech hu mer ganz kloer och de Statsminis- ter responsabel gemaach fir den Développement durable. Mir sti bestëmmt net am Verdacht, dass mir déi sinn, déi permanent en-

gem Umweltminister wëllten d'Kompetenzen ewechhuelen. Mä wann ee gär hätt, dass eng Kéier den Développement durable dat Gewicht kritt wat em gehéiert, da muss een och weisen, dass dat eng horizontal Responsabilitéit ass, an da muss zumindest déi politesch Verantwortung beim Re- gierungschef leien, och wann an der Praxis sécherlech en Umwelt- ministère eng ganz Rei Aufgaben ze erfëllen huet.

Här President, ech kéint nach laang hei iwwer eis Proposition de loi schwätzen, all déi Defiziter an der Regierungspolitik an deene leschte Joren opweisen. Den Här Graas huet hei probéiert eng Rei positiv Aktiounen ze weisen. Ech kéint eng Abberzuel vun Initiativen a Saachen hei vun der Regierung weisen, déi awer total an eng aner Richtung ginn, vun enger Tankstell op der Saarstrooss iwwer nach eng Rei aner Initiativen, déi nun awer wierklech guer nâischt mat Développement durable ze dinn huet. Am Géigendeel, wou mer ongedeckte Schecken ausstelle fir déi nächst Generatioun.

Den Allocationsplang an d'Ma- néier, wéi mer hei mat Kyoto ëm- ginn, dat ass alles mä net nohal- teg. Do hypothekéiere mer haut net nëmmen eng, mä souguer zwou Generatiounen. Dat si ganz gutt Beispiller, wou mer wäit ewech si vun enger konkreter Ëmsetzung vum Développement durable, an an deem Sënn wäert dese Projet de loi sécherlech eis net weiderbréngen an duerfir ass et ganz kloer, dass mir als Gréng en net wäerte stëmmen.

Ech soen lech merci.

■ Une voix.- Très bien.

■ M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Statssekretär Eu- gène Berger.

■ M. Eugène Berger, *Secré- taire d'État à l'Environnement*.- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt fir d'éischt och nach dem Här Rapporteur merci soe fir säin ausféierleche Bericht. Ech menge mir kennen och den Emile Calmes als Expert an där Matière. Dofir verwonnert eis dat net, datt en esou e gudde schréfflechen a mëndleche Rap- port gemaach huet.

Ech wëilt vläicht direkt am Ufank awer och kuerz agoen op déi Pro- zedur, déi hei vu verschiddene Säite kritiséiert ginn ass, datt dee Projet net demokratesch behan- delt gi wier, respektiv datt e bâ- léiert gi wier. Ech wëll drun erën- neren, datt de Sujet „développe- ment durable“ e konstante Sujet war vun deser Regierung an dee- ne leschte Joren. Mir hunn hei an der Chamber en Débat d'orienta- tion organiséiert gehat, wou aus- giebeg driwwer diskutéiert ginn ass, wou Hearingen organiséiert gi sinn. Mir hunn deemools och eng Motioun gehat hei an der Chamber, déi ebe justement d'Re- gierung opgefuerdert huet, fir dese Projet de loi auszeschaffen, an och Diskussiounen an de Chamberskommissiounen, méi spezifesch, sinn awer och ge- fouert ginn.

Ech ka mech erënneren, wéi den éischten Avis vum Statsrot komm ass, hate mer awer eng länger Diskussioun an der Umweltkom- missioun, déi och ganz konstruktiv war, wou zum Beispill och...

(Interruption)

Et kann een och 20 Chambers- kommissiounen organiséiere fir do 20-mol datselwecht ze soen. Ech mengen dat war eng intensiv a konstruktiv Réunioun, wou mer och ënner anerem Suggestiounen zum Beispill vum Här Bodry opge- graff hunn, fir de Statut vum Plang méi ze preziséiere wat mer dann och scho gemaach hunn. Nëmme fir ze soen, datt awer do eng ganz Rei Debatte gefouert gi sinn, datt dee Projet awer bis an déi lescht Konsequenz duerchdiskutéiert

ginn ass, sief dat dann den Avis vum Statsrot an no den Amendementer.

M. Camille Gira (DÉ GRÉNG).- Dee war emol net disponibel fir d'Deputéierte wéi mer an d'Sitzung komm si moies! Deen ass do ausgedeelt ginn.

M. Eugène Berger, Secrétaire d'État à l'Environnement.- Här Gira, well do keng nei Elementer méi dra waren. Well mer...

(Interruptions diverses)

Här President, ech weess net wien elo d'Wuert huet.

M. le Président.- Här Gira, Dir hutt Är Ried gehalen. Loosst elo den Här Statssekretär och schwätzen!

(Interruptions diverses)

M. Eugène Berger, Secrétaire d'État à l'Environnement.- Här President, ech wollt just preziséieren, datt also dee Projet intensiv an der Chamberskommissioun diskutéiert ginn ass, an datt also net kann hei gesot ginn, do wier net demokratesch verfuert ginn. Ech wëll och nach eng kéier erënnere un dee ganzen Débat d'orientation.

Den Ausgangspunkt vun dësem Gesetz ass eben déi Motioun, déi mer deemools haten an der Chamber, an et ass esou, datt, wann een déi Debatten noliest vun 2002, ee feststelle kann, datt op ville Bänken eben deemools just gesot ginn ass, datt d'Nohaltegkeet e Prozess ass. An et hätt een also en éischte Schrëtt mat deem Débat gemaach an et hätt een dee Prozess misse weiderféieren, et hätt een dee misse praktesch institutionaliséieren.

Wat do virun allem wichteg ass an deem Prozess, oder et ass eng Prémisse, datt ee muss kucken, dat Zesummespill vun deene villen Acteuren aus deene verschidene Secteuren: Ökologie, Économie, deem soziale Secteur, an den Equilibre ze kréien. Dat sinn net nëmmen insgesamt d'Acteuren, mä besonnesch och dann um politeschen Niveau, wou dann eben déi eenzel Acteuren aus deenen eenzelne Secteure musse kucken, hir Intérète méi ze harmoniséieren. Et ass also d'Noutwendegkeet, dëse Prozess ze strukturéieren, an duerfir och eben déi Motioun deemools vun der Regierung. Duerfir läit haut och dee Projet de loi vir.

Ech wëllt hei och direkt eng Prezisioun maachen, fir datt keng Konfusioun opkënn wéi dat duerchgeklongen ass beim Här Bodry. Hei an dësem Text geet et net drëm fir fäerdeg Rezepten oder Normen, Gebrauchsuweisungen, Ziler fir déi eenzel Deelpolitike festzeschreiwen. Et ass net an dësem Gesetz wou et dorëms geet fir ze soen, esou vill Prozent muss se mer Naturbësch an Ëmwelt realiséieren, esou vill Prozent Biolandwirtschaft an der Agrikultur zum Beispill, esou vill Prozent „modal split“ am Transport. Dat ass net de Sënn vun dësem Text.

Dat ass éischter eppes wat soll am Nohaltegkeetsplang, op deen ech herno nach wäert agoen, zur Sprooch kommen. Hei geet et also vill méi dorëms, en Denkprozess ze organiséieren fir ze kucken a festzeleeën: Wie soll an Zukunft bei dësem Denkprozess impléiert ginn a wéi kënnen déi Reflexiounen iwwert d'Zukunft vum Land gefouert ginn? Wou kënnen se gefouert ginn? An et geet och net nëmmen drëm fir e puer gutt gemengte Prinzipie festzeschreiwen, wéi dat vläicht den Här Bodry wollt. Mä domadder huet een och net vill Konkretes dann errecht.

Nohaltegkeet ass net nëmmen eppes fir Politiker an Ëmweltexperten. D'Leit aus der gesamter Gesellschaft, eis Société civile, Leit aus ekonomeschen, aus soziale Beräicher sinn och concer-

néiert, an och hir Stëmm soll an dës Diskussioun erabruecht ginn. D'Zil ass et also hei ënner anerem och mat dësem Gesetz, fir kënnen e groussen, demokrateschen, gesellschaftlechen a partizipativen Débat eben an engem Conseil supérieur vum Développement durable ze féieren, wou een da ka sech Gedanke maachen iwwert d'Erausfuorderungen, déi sech Lëtzebuerg stellt, a wéi een do ka Solutiounen fannen. Dat ass d'Grondiddi vum Conseil supérieur vun der Nohaltegkeet, deen een och kéint als Zukunftsdesch bezeichnen an deen och d'Kärstéck vun dësem Text ass.

Ech wollt dat awer nach eng kéier rappeléieren. Ech ginn elo net méi weider op déi Aufgaben an. Et ass scho gesot gi vum Rapporteur, wat déi Aufgabe vun deem Conseil supérieur sinn. Ënner anem och Avisen ze maachen, selwer Initiativen ze huelen, och wëssenschaftlech Etüde kënnen se maachen. Dat ass jo och wichteg, datt déi Diskussiounen, déi gefouert gi sollen, op engem feste Fong gefouert ginn, op Kritären, Donnéeën, Analysen opgebaut ginn, wou eng gewësse Wëssenschaftlechkeet à la base ass. Indicateure sinn dobäi zum Beispill adequat Instrumenter fir méi Wëssenschaftlechkeet eranzekréien, fir virun allem och e Monitoring ze maache fir ze kucken: Wéi ass d'Evolution an de leschte Méint, Jore gewiescht? Fir kënnen dann op Grond vun objektiven Zuelen dorop opzebauen.

Duerfir wëll ech och net dat Argument gëlle loossen, Här Gira, datt bis haut nach net op objektiven Zuelen tabléiert ginn ass. Den Ëmweltminister huet d'lescht Joer eng ganz Serie vun Indicateure vun der Nohaltegkeet erausginn, wou ee konnt schéi kucken, wéi déi Evolution ass, a wou een da kann awer schonn déi eng oder aner Konklusioun zéien. An deenen Indicateure sinn all d'Piliere, all déi eenzel Secteure vertrueden an déi Indicateuren orientéiere sech och un de Propositionen, déi an der Europäescher Unioun gemaach ginn, déi vun der Kommissioun proposéiert ginn.

D'Schwieregkeet wäert herno natierlech déi sinn, fir esou Indicateuren auszewäerte respektiv ze kombinéieren. Do kéint ee sech elo ganz vill Kombinatiounen virstellen, wou een net ëmmer direkt kann eng Konklusioun zéien. Wat géif dat zum Beispill heeschen, wat ass d'Résultante wa mer géife gesinn, de Chômage geet an d'Luucht, wa mer géife gesinn, d'qualifizéiert Schoulofgang ginn an d'Luucht a mir hu méi Naturschutzgebidder? Wat ass do d'Résultante, wat ass do d'Konklusioun? Et ass also net ëmmer esou einfach och mat deenen Donnéeën vun den Indicateure fir dorausere ze soen, ënnert dem Stréch ass méi oder manner Nohaltegkeet.

De Statsrot huet och a sengem Avis Schwierigkeete gehat mat deenen Indicateuren. Hien huet eng Opposition formelle duerfir erabruecht. Ech hunn e bëssen d'Impressioun, datt awer do eng gewësse Konfusioun ass bei där héijer Korporatioun, déi dovunner ausgeet, datt d'Indicateuren am Fong geholl eng contraignant Norm wieren, fir zum Beispill Betreiber oder fir staatlech Stellen, an duerfir huet de Statsrot gesot, mir missten dat an engem Reglement genau definéieren wat fir eng Indicateuren, datt dat wieren. Mir hate kee Problem fir dat an den Text mat eranzeschreiwen. Mä nach eng kéier, ech géif soen d'Indicateure sinn éischter en Instrument, dat en historesche Bléck erlaabt, dat e Reflet ass vun der Evolution, also eng Illustratioun vum Historique.

Bon, wann een also op där enger Säit debattéiert, en Zukunftsdesch huet, no dem Analyséieren an dem Ausschaffe vu Virschléi, ass en anere groussen Défi dann an där ganzer Strategie vun der No-

haltegkeet deen, fir déi Iddien, déi do formuléiert ginn, och déi Iddien aus dem Nohaltegkeetsplang, praktesch an d'Aktioun vun der Politik ëmzesetzen. An duerfir brauch een eben och Strukturen, an duerfir ass eben och dat Gesetz hei geschriwwen gi fir déi Strukturen awer kënnen ze hunn. Duerfir gesäit d'Gesetz ënner anem eng interministeriell Kommissioun vir, fir datt eben all Departementer dra vertruede sinn an och hir Responsabilitéit mussen huelen.

Well déi Kommissioun, déi sollt zum engen en Nohaltegkeetsplang mat konkreten, zum Deel chiffréierten Ziler opstellen. Hei wëll ech awer och erënnere, datt, wann esou eng Kommissioun dat opstellt, de Regierungsrot a leschter Konsequenz oder a leschter Instanz gemeinschaftlech responsabel ass fir déi politesch Zoustännegkeet fir d'Nohaltegkeet. Déi Iddi vun deene Grénge, datt de Premier do d'Koordinatioun soll spillen, ass interessant. Mir sinn der Meenung, datt dat en dernière conséquence ëmmer muss de gesamte Regierungsrot sinn, well jiddferen do concernéiert ass, a well dat och einfach d'Struktur ass vun enger Lëtzebuerger Regierung, wou am Fong de Premier nëmmen inter pares ass a jiddferree seng Kompetenzen awer och huet.

Bon, anerersäits soll dës Kommissioun och e regelméissege Rapport opstellen iwwert d'Ëmsetzung vun den Ziler aus dem Nohaltegkeetsplang an de respektiven Departementer.

Wat ass den Atout vun esou enger Kommissioun an hire Missiounen? Ech gesi besonnesch zwee Atouten. Éischters bedéngt et, datt eng gewësse Sensibilisatioun a Prise de conscience an deenen eenzelne sektorielle Ministèren, an deenen eenzelnen zoustännege Stelle muss geschéien. Et muss e Suivi gemaach ginn, et muss e Bilan gemaach ginn. Zweetens erméiglecht dat dann och eng besser Koordinatioun vun deenen eenzelne sektorielle Politiken um techeschen, prakteschen Niveau. D'Fonctionnaire kommen zesummen, kënnen ofstëmmen ob déi Mesure, dat Reglement, dee Projet de loi, dee se ausschaffen, eventuell net konform ass mat aneren Iddien aus aneren Departementer.

Här Bodry, déi Aarbechten - Dir hutt gesot d'Délaié wieren do relativ schwéier - sinn amgaangen. Mir hunn e Beamte respektiv eng Beamtin agestellt, spezifesch fir déi Aufgab. Déi Aarbechte sinn amgaangen, dee Rapport ass also ënnerwee, a mir maachen net esou wéi vläicht déi viregt Regierung, mir iwwerloossen net onfäerdeg Aarbecht enger nächster Regierung, egal wéi déi ausgesäit.

(Interruption)

Bon, e lescht Wuert zum Nohaltegkeetsplang. Den Nohaltegkeetsplang ass dat Dokument wou déi eenzel konkret Propositionen fir déi verschidde sektoriell Politike stinn, mat zum Deel ganz präzisen a chiffréierten Ziler. An et ass dëse Plang, deen dann och eng gewëssen Aart, soe mer emol „road map“ fir Nohaltegkeet duerstellt an deen dat wichtegst Orientéierungsdokument an der Matière fir d'Regierung da wäert sinn.

(Interruption)

Bon, sécher och ouni e Gesetz besteet esou e Plang de Moment. Ech wëll do erënnere, datt esou en Dokument awer eréischt um Enn vun der leschter Legislaturperiode opgestallt ginn ass. Am Abrëll 1999 ass dat presentéiert ginn, ouni iergendeng öffentlech Diskussioun, dat wëll ech och rappe-

léieren, an datt am Fong geholl déi nei Regierung...

M. Alex Bodry (LSAP).- Dat ass dach guer net wouer!

M. Eugène Berger, Secrétaire d'État à l'Environnement.- Déi nei Regierung huet hei an der Chamber déi öffentlech Diskussioun iwwert dee Rapport, iwwert dee Plang lancéiert.

(Interruptions diverses)

M. Alex Bodry (LSAP).- Dir kënnt jo bei der Wourecht bleiwen!

M. Eugène Berger, Secrétaire d'État à l'Environnement.- Här Bodry, war dee Plang virun hei an der Chamber diskutéiert ginn? Ech ginn dovun aus...

(Brouhaha général)

M. Alex Bodry (LSAP).- Ma et ass dach net d'Chamber! D'Deputéierten, déi hei sëtzen, Här Berger! Dann hunn ech awer léiwer, mir hunn Table-ronden, wou d'Force-viven dräsetzen, wéi déi aacht Leit, déi hei...

(Brouhaha général)

M. Eugène Berger, Secrétaire d'État à l'Environnement.- Dir wësst ganz genau, datt mer elo em dës Zäit eng Rei...

M. Emile Calmes (DP), rapporteur.- Et war vill méi schlëmm, e war iwwerhaupt net diskutéiert ginn!

M. Eugène Berger, Secrétaire d'État à l'Environnement.- Ma jo, ebe just! Et ass iwwerhaupt net diskutéiert ginn, och net hei an der Chamber - well dat déi éischt Émanatioun vum Vollek ass. Bon. Mä egal.

(Interruptions diverses)

Dee Plang, déi viregt Regierung huet néng Joer gebraucht fir e Plang 1999 ze presentéieren.

M. Alex Bodry (LSAP).- Fënnef Joer fir esou en eidele Pabeier!

M. Eugène Berger, Secrétaire d'État à l'Environnement.- Neen, neen, dat hei ass keen eidele Pabeier.

(Interruption)

Op alle Fall fir zréckzekommen op dee Plang, dee Plang ass a guer kenger Form bis elo verbindlech: Hie war et net fir dës Regierung, net fir déi viregt Regierung, wéi en et och net fir eng zukünfteg Regierung wier, wann net dee Plang ee Statut géif kréien eben iwwert dëst Gesetz. Et ass eréischt duerch dëst Gesetz wat dësen Nohaltegkeetsplang...

M. Alex Bodry (LSAP).- Et ass dach keng Verbindlechkeet dran!

(Interruptions diverses)

M. Eugène Berger, Secrétaire d'État à l'Environnement.- Dach, e kritt e Statut an all zukünfteg Regierung muss sech domadder ausenaner setzen, kann dat net ignoréieren, well dee Plang hei an engem Gesetzestext ageschriwwen ass.

M. Alex Bodry (LSAP).- Welche Statut ass dat dann?!

M. Eugène Berger, Secrétaire d'État à l'Environnement.- Ech mengen, och d'Sozialiste missten dat ...

(Interruptions diverses)

... agesinn, wann ee gären e Statut hätt fir dee Plang. Fir datt net eng nächst Regierung ka soen, mir kennen dee Plang net méi, deen interesséiert eis net méi, mir wëllen eis net méi mat esou engem beschäftegen, dofir brauche mer eng gesetzlech Basis.

M. Alex Bodry (LSAP).- Mä et ass dach net international verbindlech fir esou e Plang ze erstellen! Dat wësst Dir dach och!

M. Eugène Berger, Secrétaire d'État à l'Environnement.- Et gëtt keen internationaalt Reglement, wou dat drasteet.

M. Alex Bodry (LSAP).- Mir si verpflichtet Rapporten ze maachen un international Konferenzen.

M. le Président.- Här Berger, fuert weider! Loosst lech net erausfuere. Den Här Bodry hätt gär, dass Der de Fuedem sollt verléieren.

M. Eugène Berger, Secrétaire d'État à l'Environnement.- Här President, ech hunn Zäit, ech verléiere weder de Fuedem nach ...

(Brouhaha général)

Här President, nach eng kéier: Mir hunn dëst Gesetz hei geschriwwen, well mer eben och ënner anerem deem Plang wëllen e Statut ginn, datt en an Zukunft net méi kann a Fro gestallt ginn.

Ech kommen dann och eben zum Schluss, Här President. Ech hale fest, datt mer no dem Débat d'orientation iwwert d'Nohaltegkeet als Regierung dem Opruff vun dem Parlament nokomm sinn an e Gesetz presentéiert hunn, dat endlech Strukturen an Instrumenter fir d'Koordinatioun vun der nationaler Nohaltegkeetspolitik festleet.

(Interruptions diverses)

Une voix.- Alles geflunkert!

M. Eugène Berger, Secrétaire d'État à l'Environnement.- Här President, domat leeë mer also elo definitiv d'Basis an de Grondstee fir an Zukunft konsequent a konkret am Sënn vum Développement durable an am Intérêt vun der Liewensqualitéit hei zu Lëtzebuerg kënnen strukturéiert Politik ze maachen.

Merci.

Une voix.- Et ass e schappechen Ofschloss.

M. le Président.- Dir Damen an Dir Härn, domadder wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Lecture vun den Artikelen an de Vote vun dem Projet, dee geschitt an enge vun deenen zwou Sitzunge vu muer.

Déi nächst Sitzung ass muer de Moien a fänkt un um néng Auer an déi vu muer de Mëtteg um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 20.44 heures)



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

Chamber TV

um Réseau vun der
Eltrona / Siemens
(imagin)
um Kanal S40 /
455.25 Mhz

um Réseau
vun der Coditel
um Kanal S 29